

	22^e séance	Présidence
	Mercredi 19 décembre 2001	M. Jean Spautz , Président M. Jean Asselborn , Vice-Président

Ordre du jour

1. Dépôt d'un projet de loi
2. Projet de loi 4855 portant réforme de certaines dispositions en matière des impôts directs et indirects (*Discussion générale – Suite – Lecture du texte du projet de loi – Vote et dispense du second vote constitutionnel – Motions*)
3. Projet de loi 4780 modifiant certaines dispositions en matière d'impôts directs et complétant le code des assurances sociales (*Rapport de la Commission des Finances et du Budget – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
4. Projet de loi 4858 modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée (*Rapport de la Commission des Finances et du Budget – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
5. Projet de loi 4862 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Etats-Unis Mexicains tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et du Protocole y relatif, signés à Luxembourg, le 7 février 2001 (*Rapport de la Commission des Finances et du Budget – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote et dispense du second vote constitutionnel*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Luc Frieden, Mme Anne Brasseur et M. Henri Grethen, Ministres; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Affirmation)

Mme Minister Brasseur huet d'Wuert.

1. Dépôt d'un projet de loi

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.-* Här President, ech hunn duerch Arrêté grand-ducal vum 15. Dezember d'Autorisatioun kritt, fir den Dépôt vun engem Projet de loi ze maachen iwwert d'Gestioun vun de Services d'infrastructure um Geesseknäppchen:

– *Projet de loi 4890 ayant pour objet la création d'un Service de gestion d'infrastructures communes aux établissements scolaires du campus scolaire Geesseknäppchen.*

Merci, Här President.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch d'Mme Minister Anne Brasseur, an ech suergen duerfir, dass en un de Statsrot an déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet gëtt.

Mir fueren elo weider mat der Diskussioun vum Projet de loi 4855 iwwert d'Reform vun den direkten an indirekte Steieren. Et sinn nach ageschriwwen d'Hären Aloyse Bisdorff, Lucien Clement, Mars Di Bartolomeo, Gusty Graas, Camille Gira a Laurent Mosar.

D'Wuert huet elo den Här Aloyse Bisdorff.

2. Projet de loi 4855 portant réforme de certaines dispositions en matière des impôts directs et indirects (Suite)**Discussion générale (Suite)**

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk). - Ech konnt de Moien net do sinn, Här President, well mer jo och an der Escher Gemeng de Budget hu misse stëmmen; ech sinn duerfir frou, dass ech awer elo nach drukommen, fir och Stellung zu dësem wichtege Gesetzesprojet huelen ze kënnen.

Den zweeten Deel vun der Ännerung vun der Steiergesetzgebung, déi jo dat neit Gesetz duerstellt, ass, grad esou wéi och deen éischten, keng regelrecht Steierreform. No deem éischten Deel war zwar ugekënnegt ginn, dass dat heiten eng Reform géif ginn. Eng Vereinfachung vun eisem Steiersystem sollt och doranner virgesi sinn, an all déi vill Abattementer, déi et ginn, sollten ënnert d'Lupp geholl ginn, fir ze kucken, ob een déi net kënnt ofschafen an duerch eng aner Method ersetzen. Dat war am Fong geholl eng Steierreform gewiescht. Dat ass awer elo net geschitt. Déi Abattementer, wéi een a verschiddenen Avisé liese konnt, si berechtigt. Si entspreche Belaaschtungen, déi de Steierpflichtegen huet, an déi sollten also duerfir och steierlech kënnen ofgesat ginn.

Dat ass awer net méiglech fir jiddfereen, an dat ass virun allem net méiglech fir déi Leit, déi keng Steiere bezuelen an déi also domadder ongerecht behandelt ginn. Wann ee seet, dass jiddfereen eng Zivilversécherung an eng

Feierversécherung muss hunn esouwéi eng Rei vun anere wichtege Ausgabe muss tätegen, da gëllt dat och fir déi Leit, déi ee geréngert Akommes hunn, déi awer fir déi Ausgaben do, well se ebe keng Steuererklärung maachen an och keng Steiere bezuelen, absolut net dovunner kënnte profitéieren.

Dat ass déi fundamental Ongerechtegkeet, déi mat dësem Steiergesetz verbonnen ass, an dat betrëfft net nëmmen e puer Leit, mä et gëtt geschwat, dass dat ongeféier 30% vun eiser Bevëlkerung ka betreffen. D'Erofsatzung, besonnesch vun dem ieweschten Hiewesaz vun der Steuer op elo 38%, gëtt jo och domadder argumentéiert, dass et drëm goe géing, héichqualifizéiert, héichbezuelte Leit hei an d'Land kënnen eranzekréien, an déi dann net duerch een ze vill héije Steiersaz ze belasteschen.

Elo steet awer an der däitscher Verfassung "Besitz verpflichtet". Et freet een sech just zu wat. Normalerweis kënn een sech virstellen, dass Besëtzer géing derzou verpflichten, och Steieren ze bezuelen, an zwar méi Steieren ze bezuele wéi anerer. Et schéngt awer vill éischter esou, dass d'Regierung dat esou interpretéiert, dass d'Verpflichtung hirersäits géing leien, fir déi Leit mat héijerem Akommes an déi, déi och eng gréisser Fortune hunn, vun der Verpflichtung ze entbannen, Steieren ze bezuelen. Dat gesäit een och doranner, dass de Fräibetrag bei der Besteuerung vun der Fortune elo verduebelt gëtt.

E weidert Zil, dat mat dëser Steuerännerung verfollegt gëtt, ass fir d'Méiglechkeet ze schafen, de Leit mat héijerem Akommes privat Pensioussystemer schmackhaft ze maachen, fir duerch Steuerabattementer se ze incitéieren, privat Pensioussystemer opzebauen. Dëst ass och eng Saach, vun där déi Leit mat niddregem Akommes natierlech net kënnen profitéieren, well déi souwiso keng Suen hunn, fir se och nach zousätzlech an ee Privatpensioussystem ze setzen.

D'Situatioun vun eisem Pensioussystem, dat huet d'BIT-Studie jo erginn, ass esou, dass "au vu" vun deem Wirtschaftswuesstum, wéi mer en elo an deene leschte Jore kannt hunn a wéi mer en och vläicht nach an Zukunft kenne wäerten, absolut keng Noutwendegkeet besteet, fir een Zousazpensioussystem anzeféieren.

Bei de Steieren op de Betriber geet d'Course no ënne weider. De Lëtzebuergesche Stat wëllt am Virfeld vun där Course do matlafen a gëtt duerfir, well déi Besteuerung op Betriber sou niddreg ass, och schonn an der Lëscht vu verschidde State gefouert als ee Land mat enger besonnesch niddreger Fiskalitéit. An dem Gesetzesprojet iwwert d'Duebelbesteuerung mat Mexiko gëtt sech jo d'Hoffnung gemaach, dass, wann et hei géif gestëmmt ginn, dann a Mexiko Lëtzebuerg aus där Lëscht vun der niddreger Fiskalitéit géing erauskommen, mä wann se gesinn a wat fir engem Ausmooss, dass se elo erëm eng Kéier erofgesat gëtt, hunn ech meng Zweifel, dass dat geschéie géif.

Dat Wettrennen no der méiglechst niddreger Besteuerung vu Kapitalakommes forcéiert och aner Länner do nozezéien; déi kréie Schwiereregkeeten, hire Statshaushalt an d'Gläichgewicht ze kréien, besonnesch och eisen däitsche Noper, vun deem dann och elo verlaangt gëtt, vun der Oppositioun a vun der Wirtschaft virun allem, si sollen och hir Steuerreform virzéien, d'Steiere fir Betriber erofsetzen, wat leschten Enns dann dozou féiert, dass de Stat seng Ausgabe muss erofsetzen, an dass dat zum Schluss och dozou féiert, dass eng deflationär Politik gemaach gëtt, grad zu engem Zäitpunkt, wou d'Wirtschaft souwiso scho méi lues geet.

(Interruption)

Ech schwätze vun der Wirtschaft an Däitschland an an Europa iwwerhaupt, vun den USA schonn net ze schwätzen. Et befénnt ee sech e bëssen an där Situatioun, wéi se Ufanks der drësseger Jore vum leschte Jorhonnert war, wou och während der Krisis fir d'éischt eng deflationär Politik gemaach ginn ass, déi dann dozou bäigedroen huet, déi Krisis nach ze verdeiwen.

Déi Steiergeschenker, déi elo d'Betriber kréien, gi gewéinlech net erëm an d'Wirtschaft zrëck. Déi grouss Betriber an déi grouss Banke benotzen dat, fir de Konzentratiounsprozess weiderzeféieren, fir Aarbechtsplazen ofzebauen, fir Investéierungen anzeschränken.

Bei där Fusioun, déi jo elo vun deenen dräi grouss Stolkonzerner gemaach ginn ass, gëtt jo ganz offe gesot, dass doduerch souwuel Investéierung geingen agespuert ginn, wéi natierlech och Enwécklungskäschten, souwéi och aner Käschten, an natierlech och Aarbechtsplazen.

D'Regierung ass allerdéngs schnell do, wat d'Aktualitéit ubelaangt, am Interesse vun der "shareholder value". Et kënn sinn, well et verstoppt ass an deene ganz verklausuléierten Texter, déi elo hei zur Diskussioun stinn, dass bei dem Aktienëmtausch fir déi Firma Arcelor déijéineg, déi do eng Plus-value wäerte maachen, an zwar eng ganz bedeitend, net ze vill schwéier steuerlech belastescht ginn.

(Interruption)

Jo, ech weess, mä d'Zilsetzung war, fir do eng Erliichterung ze maachen, wat déi Besteuerung ubelaangt. Dat ass zousätzlech de Fall och fir déi grouss Betriber. Déi müssen de Gemengen hir Gewerbesteier bezuelen. Do mécht de Stat op dem Bockel vun de Gemengen ee Geschenk, andeem dass den Hiewesaz vu 4 op 3% erofgeet, dat ass een Ausfall, dee berechent ginn ass op 3,2 Milliarden, ouni dass eng Kompensatioun virgesinn ass. Et gëtt nëmme vun enger Méiglechkeet vun der Kompensatioun geschwat an deem Fall, wann an der Année budgétaire d'Einkomme vun där Steuer ënnert déi falen, déi an der Année budgétaire 2001 festgestallt gi sinn. Elo war awer d'Akommes vun der Gewerbesteier am Joer 2001 eent vun deene niddregsten. Et war méi niddreg wéi dat vum Joer 2000 an ass, wa mer elo d'Budgetsuele vum Joer

2002 kucken, och méi niddreg wéi et elo fir 2002 ass, sou dass d'Wahrscheinlechkeet, dass jeemools eng Kéier de Stat an d'Verpflichtung kënnt, do eng Kompensatioun ze bezuelen, ganz kleng ass.

Well awer elo déi Titercher, déi hei verdeelt ginn an iwwert déi sech Verschiddener zimlech bretzen, fir verschidde Leit nëmme mat waarmen Loft gefëllt sinn, wéi den Här Gibéryen gesot hat, kann ech leider meng Zoustëmmung zu dësem Gesetzesprojet net ginn. Et wär absolut noutwendeg, dass an der Zukunft als Kompensatioun fir déijéineg, déi elo guer näischt vun dësem Gesetzesprojet hunn, an net profitéiere kënne vun deene sëllegen Abatementer, déi virgesi sinn, eng Negativsteuer misst ageféiert ginn.

Dat ass an dësem Gesetz net virgesinn. Et geet haapt-sächlech hei ëm déi Leit mat héijerem Akommes, déi eppes bäikréien, an duerfir kann ech meng Zoustëmmung zu dësem Gesetz net ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Lucien Clement.

M. Lucien Clement (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëll agangs vu menger Ried mengem Koalitionsskolleeg Norbert Hauptert villmools merci soe fir säin ëmfaassenden an opschlossräiche Rapport. Ech mengen, souwuel duerch säi schrëftlechen souwéi säi mëndleche Rapport ass eis dës Matière, déi dach relativ komplizéiert ass, méi zougänglech a méi verständlech gemaach ginn.

Am Kader vun der Steuerreform 2002 kënnt et zu ganz daitleche fiskale Verbesserungen fir eis Betriber, an zwar esouwuel fir d'Kapitalgesellschaften souwéi och fir d'Personengesellschaften. Déi Betriber, déi "en nom personnel" gefouert ginn, profitéieren am gläiche Mooss, wann och iwwert een anere System. Ech wëll hei fir d'Éischt déi wesentlech Moosnamen zugonschte vun de Betriber kommentéieren, éier ech ofschléissend nach drop aginn, wat dës Reform fir d'Gemeengefinanze bedeiht wäert, déi jo och eppes mat Betribsbesteuerung ze dinn hunn.

Op den 1. Januar 2002 gëtt de Saz vun der Kollektivitéitssteuer vun 30 op 22% erofgesat. Dat ass eng Gréisstenuerdnung, wéi mer se nach bis elo net kann hunn. Effektiv huet zënter Enn vun de sechzeger Joren ni eng Reduktioun vum Taux vun der Kollektivitéitssteuer stattfonnt, dee méi wéi 2% bedroen huet. Dës Virgang, dee mer elo den 1. Januar wäerten erliewen, ass also duerchaus schonns bemierkenswäert. Dës Senkung vum IRC ass dee staatleche Bäitrag zum Gesamteffort, fir déi steuerlech Gesamtbelastung vun de Betriber op 30% erofzesetzen. Dës Belastung siddelt sech de Moment nach, wéi dat schonns bekannt ass, an och well vill driwwer diskutéiert ginn ass, bei ronn 37,5% un.

Am europäesche Kontext sti mer de Moment nämlech net méi esou brillant do, wat d'Betribsbesteuerung ugeet, wéi dat nach virun e puer Joer de Fall war. Aleng beim IRC

applizéiere véier Memberstaten aus der Unioun ee méi niddregen Taux an zwee weiderer hu plus ou moins deeselwechten Taux, nämlech 30%. Dat bedeit, datt mer eis matzen am europäesche Mëttelfeld bewegen, an dat, mengen ech, geet fir Lëtzebuerg sécherlech net méi duer.

Grad déi Secteuren, op deenen eis Ekonomie elo an och an Zukunft hir gréisst steuerlech Ertragsleeschung baséiert oder baséiere wäert, hunn eng grouss fiskal Mobilitéit entwéckelt.

An der sou genannter neier Ekonomie, grad wéi am Héichtechnologieberäich, wou mer jo och wëlle Fouss faassen, geet et net duer potentielle Betriber eng mëttelméisseg gönschteg Steuerlandschaft ze proposéieren. Sou Betriber, déi weening oder manner Knascht maachen an am eigentleche Sënn zukunftsorientéiert sinn a qualitativ en zolitte Mehrwert erschaffen, brauch Lëtzebuerg. Dat wëlle mer jo méi oder weiniger och, dat wëlle méi oder weiniger och all politesch Acteuren, déi sech hei zu dësem Thema geäussert hunn. Mä esou Betriber gëtt et net fir näischt, grad sou fir näischt, Här President, gëtt et och kee performante Finanzsektor, deen sech am Weltpëtzelfeld beweegt; jiddefalls net op Dauer wäert et dee ginn.

Et huet an Europa eng spierbar steuerlech Kompetitioun agesat, wann et ëm d'Belaaschtung vun der Ekonomie geet. Ënnert dem Impuls vun héije Chômagezuelen an dem Bestriewen, aktiv Betribsusiedlungspolitik ze bedriewen, sinn etlech europäesch Länner op de Wee vun enger méi frëndlecher steuerlecher Behandlung vu Betriber gaang. Nei Aarbechtsplaze gi bal iwwerall gebraucht, an eng ganz Rei vu Länner wëlle Pionéier vun den Héichtechnologiesektoren sinn oder ginn. An deem Kontext konnt an där Lëtzebuerg sécherlech net zréckstoën. Natierlech geet de Wëllen, fir substantiell Steuererliichterungen ze maachen, net aleng duer. Do gehéiert och de finanzielle Spillraum dozou, deen de Stat brauch, fir kuerzfristeg kënnen op steuerlech Recetten ze verzichten. Déi exzellente Situatioun vun eise Statsfinanzen erlaabt et lo, eng politesch Décisioun an aller Fräiheet ze huelen, ouni domat d'Finanzéierungskapassitéit vun der staatlecher esou wéi och vun der kommunaler Autoritéit ze ënnergruuen.

Mir hätten näischt dovunner, wa mer 2002 Steiere senke géifen a mir missten se 2004 erëm unhiewen, well d'Lächer ze grouss gi wieren an d'Reform sech net géigefinanzéiert hätt. Dat wäert awer sécherlech net de Fall sinn. Et wäert net de Fall sinn, well d'Steuererliichterungen an deem Mooss, wéi se vum 1. Januar un a Kraaft triede wäerten, en dynamiséierenden Effekt op d'Wirtschaft hunn. D'nächst Joer si mer an der Europäescher Unioun nees op zweeter Plaz bei de Betribsbesteuerungen duerch de Stat. Un déi lëtzebuergesch Entreprisé geet heimat ee Signal eraus, datt se an engem stabilen Ëmfeld funktionéieren an datt se weider Investisementer realiséiere sollen. Ënner méi gönschtege steuerleche Bedingunge wäerte si hir Aktivitéiten

ausbauen. Vu Lëtzebuerg geet awer och d'Signal un auslännesch Betriber, datt mir hei mat déi niddregste Basisbesteuerung vum ganze Kontinent hunn an datt Lëtzebuerg also ee ganz konkurrenzfähige Standort ass, dee soziale Fridden, aarbechtsmaartpolitesch Stabilitéit a steierlech Performancë matenee verbënnt.

Aus all dese Signaler wäerten sech konkret nei wirtschaftlech Aktivitéiten entwéckelen an aus diesen Aktivitéite selbstverständlech och nei Steuerrecetten. De positiven Impakt vun der Reform vun 2002 op d'Statsfinanzen wäert also net laang op sech waarde loossen. Wann deen neien Taux vum IRC a Kraaft ass, dann ass dee just nach gutt hallef sou héich, wéi en dat viru 15 Joer eng Kéier war. Bis 1986 hu Betriber hei am Land eng Kollektivitéitssteuer bezuelt, déi 40% uitgemaach huet. Mat de Gemengesteieren dobäigerechent war dat bal d'Halschent vum Benefiss, ergo war d'Halschent vum Benefiss fort. Lo hu mer deemnächst eng Gesamtbesteuerung vu 30,3%.

Déi kontinuierlech Ofsenkung vun de steierleche Belaschtunge vun de Betriber ass Hand an Hand mam ekonomeschen Erfolleg vun eisem Land zënter der zweeter Halschent vun den achtzeger Jore gaang. Dës Feststellung beleet, datt ee méi frëndlecht steierlecht Ëmfeld zu méi wirtschaftlecher Aktivitéit an domat och am Endeffekt zu erhéichte Steuerrecettë féiert. Mä ween dat während deene leschte 15 Joer net gesinn huet, oder net wollt gesinn, dee gleeft dat och haut nach net.

Wat ech am Zesammenhang mat der Kollektivitéitssteuer och nach wëll ervirsträichen ass, datt Betriber, deenen hire Benefiss ënner 15.000 Euro läit, weiderhin der bestoender Sonderregelung vum Taux vum IRC wäerten ënnerleien. Dat heescht, datt den IRC bis zu engem Benefiss vun 10.000 Euro nëmmen 20% bedréit an tëschent 20 an 22%, wa sech de Benefiss bei 10.000 bis 15.000 Euro situéiert. Dat hei ass eng ganz mëttelstandsfrëndlech Regelung, vun där d'Finanzkommissioun och der Meenung war, datt een se soll bäibehalen, fir déi Betriber, déi an déi dote Kategorie falen, ze entlaaschten. Hätte mir dës Sonderregelung net bäibehalen, wäre just déi klengst Betriber hei am Land mat dëser Steuerreform, ech wëll net soen direkt, mä vum System hier pénaliséiert ginn.

An dann, Här President, wollt ech e puer Wuert soen zu deene Betriber, déi der Kollektivitéitssteuer net ënnerleien, well se net a Form vun enger Kapitalgesellschaft exploitéiert ginn. Bei transparente Gesellschaftsformen oder individuelle Betriber gräift vum 1. Januar 2002 un deen neien Tarif vun der Akommessteuer, wat d'Steiererklärung vum Betribschef ugeet. Op dës Manéier komme kllassesch mëttelstänneg Betriber an de Genoss vun deene selwechten Erliichterungen, déi och déi physisch Persounen kréien, well hir Besteuerung jo en fait déi perséinlech Besteuerung vum Patron ass. D'Reform vun der Betribsbesteuerung ass also keng, déi ausschliesslech nëmme bestëmmte Secteuren oder verschidden Orga-

nisatiounsforme vu kommerzieller Aktivitéit zegutt kënnt. Doduerch datt d'Reduktioun vun de Betribssteiere mat der Aféierung vun dem neien Akommessteiertarif zesummefält, profitéieren all Betriber, déi Benefiss maachen, vun de bessere fiskalesche Konditiounen ab dem 1. Januar 2002. D'Betriber, déi en nom personnel schaffen, hu jo schonns dës Joer vun deene virgezunnene Steuererliichterunge fir Personnes physiques profitéiert.

Bei deenen transparenten Exploitatiounsforme geet d'Gesamtsteuerlaascht vum Betrib, jee no Resultat, ëm 6 bis 8% géigeniwwer vun 2000 erof. Dat schléisst d'Gewerbsteuer an, Här President, woumat ech bei mengem nächsten Thema war.

D'Gewerbsteuer bleift fir steierlech transparent Betriber vun hirer eegener Base a vun der Akommessteuer déduktibel.

Une voix.- Den Här Klein lauschtert no.

M. Lucien Clement (CSV).- Jo, jo.

M. Jos Scheuer (LSAP).- An den Här Di Bartolomeo lauschtert och no. Den Här Klein ass een Ouer. Een eenzeg Ouer.

M. Lucien Clement (CSV).- Dat sinn zwee eminent Expären aus Ärer Fraktioun.

Une autre voix.- Domat hutt Dir Recht.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dir hätt och eventuell Expär kënne ginn.

(Hilarité)

M. Lucien Clement (CSV).- Et freet mech, dat aus Ärem Mond ze héieren.

Une voix.- Et si scho vill Expären, déi sech iwwert den Dësch zéie gelooss hunn.

M. Lucien Clement (CSV).- Also Spaass bei Säit. Dat bedeit awer, datt déi Situatioun den effektive Saz vun der Gewerbesteuer, deen esou Betriber musse bezuelen, bei engem Hebesaz vun 250%, bei 6,98% läit géigeniwwer 7,5% bei Kapitalgesellschaften. Dorobber kommen ech nach zrëck. Den Abatement, dee fir déi Betriber applicabel ass, gëtt vun 1,2 Milliounen op eppes méi wéi 1,6 Milliounen gehéicht. Dat sinn dann exakt 40.000 Euro. Dës Moosnam, vun där d'Kapitalgesellschaften ausgeschloss ginn, ass deen zweete wichtege mëttelstandspoliteschen Akzent vun dëser Reform.

D'Gewerbsteuer gëtt jo och um Taux erofgesat, an zwar op 3%, géigeniwwer deenen heitege 4%. Ech wëll hei am Numm vun der CSV-Fraktioun mat Satisfaktioun ausdrécken, datt et tëschent der Regierung an dem SYVICOL no laange Gespréicher dach nach zu enger verbindlecher Eenegung komm ass, déi dës Reduktioun vun der Gewerbesteuer méiglech gemaach huet. D'Gemengen droen esou ee beträchtlechen Deel zum Gesamteffort fir eis Steuerlandschaft, fir d'Betriber méi attraktiv ze maachen, bäi.

D'Gewerbsteuer kritt also een Taux d'assiette vun 3%, deen dann, jee no Gemeng mat deem respektiven

Hebesaz muss verrechent ginn, fir deen Taux ze bestëmmen, deen d'Betriber an enger bestëmmter Gemeng oder an enger eenzelner Gemeng bezuele mussen. Dat sinn haut alles an allem, bei engem Hebesaz vun 250, 9,09%. Dës Zuel ergëtt sech aus der nach bestoender Déductibilitéit vun der Gewerbesteier, vun hirer eegener Base d'assiette a vun der momentan applicabler staatlecher Betribssteuer. Bei deene Betriber, déi dem IRC ënnerleien, gëtt d'Déductibilitéit elo ofgeschaaft, sou datt déi zwou Steieren op därselwechter Base berechent ginn. Dat bedeit fir d'Gemenge liicht ee Surplus un Einnahmen aus der Gewerbesteier, well d'Berechnungsgrondlag elo vum ICC bei de Kapitalgesellschaften méi héich wäert ginn.

An Zukunft gëtt d'Gewerbesteier also net méi mat 9,09% erhoff, mä just nach mat 7,5% an enger Gemeng, déi een Hebesaz vun 250 kennt. D'Hebesatz leien uechtert d'Land tëscht 200 an 350, sou datt eng betrieblech Belaaschtung vun tëscht 6 an 10,5% entsteet, wat d'Kapitalgesellschaften ubelaangt. Fir déi aner, déi "en nom personnel" sinn, ech hunn et schonns gesot, läit den Taux gutt een halwe Prozent méi déif. De Gemengen entstinn no statesche Berechnungen an op Grond vun deem neien Taux een Ausfall vu plus minus 3,2 Milliarde Frang. Ech wëll awer hei ënnersträichen, datt fir d'Gemengen datselwecht wouer ass wéi fir de Stat: Steiersenkungen hunn sech nach ni duerch bleiwend steuerlech Ausfall soldéiert.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - Dat ass net wouer.

M. Lucien Clement (CSV). - Jo dach. Da lauschtert nach e bëssen no. Wéi 1996 d'Gewerbekapitalsteuer ofgeschaaft gouf, huet dat am Gemengemilieu zu Verstëmmunge gefouert. Haut wësse mer, datt real gekuckt awer doduerch kee Frang manner an d'Gemengekeesse gefloss ass.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - Genau dat ass net richtig, Här Clement. 1997 ass de Status quo...

M. Lucien Clement (CSV). - Dir hutt net nogelauschtert, Här Gira, wann ech soe real gesinn...

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - Ech hu ganz gutt nogelauschtert. Dir hutt d'Onwouerecht gesot. 1997 ass kee Frang weider erakomm vu Gewerbesteier, real ass der manner erakomm, wann een d'Inflatioun kuckt.

M. Lucien Clement (CSV). - Also, sot mir, wou ee ka feststellen, datt real gesinn manner Geld erakomm ass an d'Gemenge wéi dat Joer virdrun. Et sinn nach all Joer Augmentatiounen komm.

(Interruption)

Lo kann ee soen, et ass duerch d'Inflatioun oder et ass duerch dëst oder dat, oder duerch de Stat.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - Voilà. Real sinn der manner erakomm. Dat ass Tatsaach. Dat weisen sämtlech Zuelen schwaarz op wäiss.

M. le Président. - Dir sidd nach allen zwee agedroen. Den Här Gira ass nach agedroen an den Här Di

Bartolomeo och. Loosst lo den Här Clement seng Iddien explizéieren!

(Interruptions)

M. Lucien Clement (CSV). - Si gi mer mol keng Chance, fir mech ze explizéieren.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Här Clement, ech wollt ee ganz konstruktive Bäitrag maachen.

(Interruptions)

M. Lucien Clement (CSV). - Ech kann lech net d'Wuert ginn, et ass nëmme den Här President, deen lech d'Wuert gi kann.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Merci, ech mengen d'Finanzkraaft vun der Gemeng jugéiert een op Grond vun der Recette a vun deene Méibelaaschtungen, déi an deem Joer, tëscht deenen zwee Budgete leien, op se zoukomm sinn.

Wa mir 2% bäikréien oder wa mer stagnéieren, mä awer 5% méi Ausgaben hunn, dann ass eis Finanzkraaft reell gesinn zrëckgaang, an da sinn eis Recettë manner wäert wéi an deem Joer virdrun an et ass genee dat, wat eis an deene leschte Joer passéiert ass. Eis Finanzkraaft ass doduerch ofgeschwächt ginn, well eis Verflichtungen méi staark gewuess si wéi eis Recetten.

M. Lucien Clement (CSV). - Also, lech kann ech bäiflichten, mä dem Här Gira net.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Merci.

(Interruptions)

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Ech fannen dat ganz gutt, datt d'Chamber ufänkt, sech fir d'Steierproblematik ze interesséieren, wann et ëm d'Gemenge geet. Félicitations.

M. le Président. - Här Clement, fuert weider a loosst lech net méi erausfuerderen.

(Interruptions diverses)

M. Lucien Clement (CSV). - Et ass, wann een dat sou kuckt, wéi ech dat gesot hunn, éischter de Géigendeel wouer. D'Ekonomie ass duerch dës Moosnam zolitt dynamiséiert ginn an huet méi Steiereinnahme produzéiert.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - D'Provënz läit zënter gëschter zu Suessem, Här Statsminister.

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Ech hat gemengt, si wär zu Diddeleng.

Une voix. - Déi globaliséiert Provënz.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. Lucien Clement (CSV). - An deem Kontext muss een awer och nach soen, datt d'Gemengen zënter 1997 all Joer 1,2 Milliarden aspueren, well se verschidde Cotisatiounen oder Rémunératiounen oder aner Bäitrag net méi mussen verriichten.

De Revenu disponible vun de Gemenge geet duerfir zënter 1997 jo och net erof mä éischer erop, an zwar vun eppes vun iwwert 28 Milliarden op deemnächst 36 Milliarde Frang. Et ass duerfir a mengen Aen sou, datt och d'Ofsenkung vun der Gewerbesteier op 3% um Basistaux dauerhaft wäert deen Effekt hunn, datt sech duerch eng méi dynamesch wirtschaftlech Aktivitéit éischer méi Recettë fir d'Gemengen erginn wéi de Géigendeel. Den Ausfall vun 3,2 Milliarden ass jo berechent ginn op enger statescher Economie, op genee där, déi mer haut hunn, just manner héich besteiert.

Den Zweck vun der Gesamtreform ass jo awer schliesslech eng Erweiterung vun eiser ekonomescher Landschaft, an déi zitt onweigerlech zousätzlech nei Steuerrecettë mat sech.

Op engem anere Punkt si sech de Stat an d'Gemengen net eens ginn. Et ass dee vun der Opdeelung vun der Imputatioun vun der Steuerbonifikatioun fir nei Investisementer tëschent der Kollektivitéitssteuer an der Gewerbesteier. Dës Imputatioun hätt sech dem initiale Projet no zu 70% op den IRC an zu 30% op den ICC solle maachen. Well d'Gemengen awer der Meenung waren, datt dat fir si zevill e grouse Risiko wier, well speziell d'Ausdehnung vum Perimeter vun dëser Bonifikatioun op d'informatesch Programmation a Brevete ganz schwéier ze bezifferen ass, gëtt d'Imputatioun elo weiderhin integral op den IRC gemaach.

Einstweile bleiwen informatesch Programmer a Brevete fir dës Bonifikatioun net éligibel. Dofir gëtt awer den Taux vun der Bonifikatioun fir zousätzlech Investisementer net, wéi ursprüngelech virgesinn, op 8,4% erofgesat. Dat wier eng Senkung ëm genee 30% gewiescht, déi d'Gemengen da gedroen hätten, mä e gëtt elo op 10% festgesat. Den Taux pour investissement global bleift géigeniwwer sengem heitege Saz onverännert.

Och kënnt et, Här President, zu enger Neierung bei der Bonifikatioun am Fall vun der Iwwernahm vun engem Betrib. Den Här Henckes, deen elo grad net heibannen ass, huet dat de Moie bemängelt. Ech wier nawell frou, wann en dat héieren hätt, mä ech muss awer och feststellen, datt de Vertrieeder vum ADR an der Finanzkommissioun net gutt nogelauschtert huet, well do hu mer driwwer geschwat, wéi dat elo an Zukunft soll funktionéieren.

Dës Investissement gëtt elo éligibel gemaach bis zu engem Plafong vun 250.000 Euro, e Plafong, dee bis elo net festgeluegt war, sou datt zënter 1996, wou dës Mechanismus agefouert gouf, dës Bonifikatioun nach net konnt praktesch ëmgesat ginn. Dat geet elo mat der Aféierung vun dësem Plafong an dee gëllt och retroaktiv bis 1996, esou datt nodreeglech Betriber, déi an esou engem Fall waren, wäerten an de Genoss vun där entsprecherender Bonifikatioun kommen. Hei huet och d'Steierverwaltung eis an der Kommissioun matgedeelt, datt si hir Préposées an deenen eenzelne Büroen

ugewisen hätt, an där Richtung d'Betriber, déi dorënner falen, ze informéieren.

Well d'Gemenge sech mam Stat net iwwert d'Bonifikatioun eens goufen, hu si de Gewerbesteiersaz vun 3% amplaz 3,2% acceptéiert. Ursprüngelech ware jo 3,2% virgesinn. Esou Proposé sollen an Zukunft – an dat ass en anert wichtegt a begréissenswäert Element vum Accord tëschent Regierung an dem SYVICOL, am neie Conseil supérieur des Finances communales gemaach ginn, deen duerch dës Gesetz geschafe gëtt. Dës Conseil soll och d'Relatioun tëschent de Recettë vum Stat an deene vun de Gemengen iwwerwaachen an dofir suergen, dass d'Gemengen eng méiglechst konstant Proportioun vun de gesamte Steuerrecetten, déi hei zu Lëtzebuerg bezuelt ginn, zur Verfügung hunn.

Här President, fir d'Betriber ass déi geplangte Reform, déi mer hei wäerte stëmmen, genee dat, wat den Norbert Hauptert a sengem Interview gesot huet oder als Oxygène beschriwwen huet.

Eis Konkurrenzfähigkeit gëtt heimat verbessert, an de Gegebenheete vun enger moderner Economie gëtt verstärkt Rechnung gedroen. Dat hei ass mat Sécherheet eng noutwendeg an och eng sënnvoll Reform. Et ass déi richteg Reform zur richteger Zäit, a si verdéngt mat Sécherheet och eis Zoustëmmung.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Mars Di Bartolomeo agedroen. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, de Statsminister huet gemengt, dass d'Chamber sech eréischt géif fir Steuerfroen interesséieren, wann et ëm d'Gemengesteiere géif goen an en huet gemengt: "A vive d'Provënz!"

Et ass fir eis eigentlech e ganz moren Trouscht, dass seng Kolleegen aus de groussen europäesche Länner, wann et ëm d'Quellesteier geet, och ënnerteneen soen: "A vive d'Provënz!" Mir hunn allerdéngs méi Verständnis fir hie wéi hie fir eis.

Här President, wéi ech de Moien d'Zeitung opgeschloen hunn a gelies hunn, dass d'CSV-Majoritéit am Suessemer Gemengerot, mat deene Gréngen zesummen, d'Décisioun geholl huet, fir d'Hiewesatz fir d'Gewerbesteier ze erhéijen, dunn ass mer d'Schmier aus dem Grapp gefall.

Dat kann dach net sinn, hunn ech geduecht. Dat ass unimaginabel, dat muss eng Int sinn, well esou eng Wull kann d'CSV dach net am Tirang hunn.

Nodeem de Premier, den Innenminister an de Budgetsminister uganks Oktober hir Leit an de Wénkel geklappt haten, war et fir mech extrem schwéier virstellbar, dass en CSV-Buergermeeschter, deen och Deputéierten ass an dee fir den Accord tëschent de Gemengen an der Regierung gestëmmt hat, deen doten Accord géif ënnerlafen, dass en esou onsolidaresch mat senger Regierungskolleege wier an dass e virun allem och esou

onsolidaresch mat deenen anere Buergermeeschterkolleege war, mat deenen hien an der Generalversammlung gestëmmt hat.

Well wann nämlech all CSV-Buergermeeschteren esou geduecht hätt wéi hien, dann hätt et net missten zu deem doten Accord kommen, well dann hätt een eng aner Verhandlungspositioun mat der Regierung gehat. "Aber dem war nicht so", an dat wëssen alleguer déi Leit, déi um Verhandlungsdësch dobäi waren. D'CSV war ganz staark drun interesséiert, dass deen doten Accord sollt zustane kommen, an Eenzelner waren "allein auf weiter Flur", an do kann ech eng Rei vun Zeien dobäi huelen. Dir waart net dobäi, an et war och an deenen décisive Phasen, Här Huss, kee vun lech op de Barrikaden, dee gesot hätt, deen Accord wier net gutt.

(Interruptions diverses)

Ech schwätzen net vun deene Gréngen, mä den Här Huss ass och Gemengerot an en ass an enger Majoritéit, an den Här Huss...

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Dat ass ganz interessant.

Här President, wann Der d'Gemidder wëllt e bësse berouegen.

M. le Président.- Dir provoziert se!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ech sinn extrem roueg, Här President, a si solle sech net provozéiere loosse, well wa se nämlech e rouegt Gewëssen hunn, da brauche se sech net vu mir provozéieren ze loosse.

Well ech gemengt hat, déi Meldung, dass eng Gemeng géif aus deem Accord ausscheren, wier falsch hunn ech dann nogefrot, an ech hu bestätegt kritt, dass de Buergermeeschter vu Suessem, de Gros vu senger CSV-Equipe, déi nei Lénk an déi Gréng géint den CSV-Finanzschaffen, fir d'Erhéijung vun den Hiewesätz fir d'Gewerbesteier gestëmmt hunn.

Domat gëtt déi Moosnam am Steierprojet, dee mer haut diskutieren, ënnerlaf. Am Accord mat der Regierung sinn d'Gemengen op der Generalversammlung vum SYVICOL bereet gewiescht, fir sech eng Contrainte vu mindestens engem Joer opzërleeën.

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, den Här Sunnen wëllt lech eng Fro stellen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, mat mir sidd Der normalerweis net esou fein, wann ech engem Deputéierte wëll eng Fro stellen.

M. le Président.- Dir hutt och nach all Ursaach, fir dat do ze soen. Et ass keen deen hei méi provoziert wéi Dir! Dir sidd dach de Champion an där Bezéiung. Elo héiert awer d'Weltgeschichte op!

M. Fred Sunnen (CSV).- Här President, ech stelle fest, dass den Här Mars Di Bartolomeo hei als President vum SYVICOL schwätzt.

(Interruption)

Deen huet sech net zu Wuert gemellt.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Wënscht lech dat léiwer net, Här Sunnen, dass ech President vum SYVICOL wär!

M. Fred Sunnen (CSV).- Dat géif lech awer emol eng Kéier gutt bekommen!

Här President, d'Gemeng Suessem ass tatsächlech op 300% gaangen. Ech wëll och soe firwat. Ech hunn zwee Noperen. Dat sinn zwou Gemengen, déi vun Sozialiste geféiert ginn: Esch mat 300% an Déifferdeng mat 350%. Ech soll elo mat Esch an eng Friche eragoen, wou Betriber kommen. D'Escher Gemeng huet 300%, mir hunn 250%. Mir hu gesot, ier d'Betriber kommen, maache mer emol deeselwechten Taux.

Ech wonnere mech, dass keen de Mond opgedoen huet bei Esch a bei Déifferdeng. D'Regierung huet deemools de SYVICOL gefrot, wéi déi Déifferdenger Gemeng op 350 gaangen ass: Wat haalt Der dovunner? Dunn ass gesot ginn, dat wier Autonomie communale. Elo op eemol ass et keng méi.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här Sunnen, Dir maacht eng Geschichtsfälschung an Dir wësst dat och. Mat där doter Duerstellung kommt Der net duerch.

(Coups de cloche de la Présidence)

Dir wësst genee, dass d'Parametere geännert hunn.

M. Fred Sunnen (CSV).- Här President, virdrun huet den Här Di Bartolomeo gesot, d'Vepflichtunge vun de Gemenge géinge wuessen an d'Einnahme géinge falen. Dat ass eng aner Ursaach. Hie widderpricht sech also dauernd.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dat ass ganz richtig. Wou war Är Stëmm dann op der Generalversammlung vum SYVICOL, Här Sunnen? Wou war d'Stëmm vun der CSV op der Generalversammlung vum SYVICOL?

M. Fred Sunnen (CSV).- Ech hunn lech elo grad dorop geäntwert. Deemools war et Autonomie communale. Elo ass et op eemol eppes anesches.

Da gëtt et nach eng Gemeng, déi vun LSAP-Leit dirigéiert gëtt. Do si se och an d'Luucht gaangen. Dat hutt Der vergiess ze erwähnen. Dat ass keen Thema fir lech.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dat ass guer kee Problem.

M. le Président.- Elo fuert Der weider, Här Di Bartolomeo, an da provoziert Der net méi. Sot wat Der ze soen hutt zum Gesetz!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, ech kréie jo déi Minutte vum Här Sunnen guttgeschriwwen.

M. le Président.- Den Här Statsminister freet d'Wuert.

(Interruptions diverses)

Loosst dach den Här Statsminister schwätzen!

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Här President, d'Demokratesch Partei ass drëm beméit, wat ech net verstinn, den Här Bartolomeo onbedéngt ze adelen. Da soll se dat maachen.

Den Här Mars Di Bartolomeo ass jo der Meenung, dass ee soll probéieren e gudden Equiliber tëschent Stats- a Gemeengefinanzen an och am Secteur communal ze fannen, wou ech effektiv fannen, dass sech Solidaritéit tëschent de Gemenge muss maachen, besonnesch no deem Accord, dee mer fonnt hunn.

Nun huet den Här Sunnen eis erkläert aus deene Grënn, déi seng sinn, dass meng Heemechtsgemeng op 300% gaangen ass, well déi Escher op 300 an déi Déifferdenger op 350% sinn. Da wier et jo e groussen Apport vun der Chamber an dëser Steuerdebat, fir dass mer dat Gemengenthema direkt erleeedegt hunn, dass elo de Buergermeeschter vu Suessem, de Buergermeeschter vun Esch an den zukünftege Buergermeeschter vun Déifferdeng einfach géifen am Laf vun dëser Debat erklären, si géifen, fir net sech künstlech op d'Käschte vun deem anere kompetitiv ze profiléieren, allen dräi zesummen op 250% zrëckgoen. Dat wier eng Offerte, déi ech hei wollt maachen. Dat hei ass jo eng lieweg Debat, a well Der se jo als Gemeengevertrieder hei féiert, wat ech zur Kenntnis huelen, wann déi dräi Gemengen da géingen zesummen op 250% zrëckgoen, da wiere mer jo do, wou Der gären hi géift kommen.

Ech schwätze mat mengem Frënd a Buergermeeschter, dem Här Sunnen, dee gesot huet, e géif an d'Luucht goen, well déi Escher an der Luucht sinn a well déi Déifferdenger nach méi iwwerdrifwen hunn.

Den Här Grethen kënnt erëm an dee schwätzt mam Här Meisch an Dir schwätzt mat Äre Kolleegen. Dann hätte mer eng grouss Debat hei an der Chamber gefouert, mat Sënn an Zweck, a mat Zilorientéierung. Déi dräi Gemenge ginn op 250% zrëck. Dat ass déi Offerte, déi ech haut wollt maachen, einfach esou, als Kompromiss an enger Debat, déi jo net däréif zu enger kommunalpolitescher Debat verkommen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- D'Suggestioun huet sech jo net u mech gericht, mä et ass eng Suggestioun vum Statsminister, an ech géif mech net an d'Affäre vu mengem Kolleegen amëschen.

(Hilarité)

Den Här Statsminister soll déi dote Proposition selwer un d'Gemenge maachen an e soll d'selwecht mat hinne verhandelen, wéi e mam SYVICOL verhandelt huet. A mam SYVICOL huet en en Accord fonnt, an un deem hu mir eis bis elo gehalen, well, Här Statsminister, wa mer déi dote Logik vum Här Sunnen géifen applizéieren, da géife mir muer eis un eisen Noper upassen an eisen Noper géif sech u säin Noper upassen, an den Noper vum Noper géif sech um Noper säin Noper upassen. Dat ass dach awer net ganz seriö.

An, Här Statsminister, Dir waart eisen Interlocuteur bei deem doten Accord an Dir wësst wéi vill Krämp dass et eenzel Leit an dësem Sall kascht huet, fir op esou e Wee ze goen.

Wann dann awer just Är Kolleegen aus der Solidaritéit ausbriechen, dann ass dat jiddefalls net meng Responsabilitéit, well mir sti bis elo ganz propper an zolidd do, an ech kommen nach eng Kéier do drop zrëck. Dat kënnt Der mer jiddefalls net ënnerstellen, dass dat net de Fall war an et huet och kee vun eis sech désobligeant vis-à-vis vun deem doten Accord bis elo geäussert, well et een Accord war, deem an engem géigesäitege Vertraue gemaach ginn ass, wou gesot ginn ass,...

(Interruption)

...dass deem een sech un d'Spillregelen hält an deem aneren. Ech kommen nach do drop zrëck,...

(Interruptions)

...well d'Spillregele si ganz kloer definéiert ginn.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Also d'accord, dass Esch op 250% zrëckgeet.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Oh, dat ass net meng Affär.

(Interruptions)

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Wat gelift?

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dat ass net meng Affär. Esch huet déi Adaptatioun do net...

Här Premier Minister, dat wësst Dir vläicht net, mä Esch huet déi doten Adaptatioun net gemaach no deem Accord. Déi Bielesser Kolleegen hunn et nom Stillhalteabkomme gemaach. Et ass e Waffestillstand, dee mer hei gemaach hunn, näischt anescht. Ech kommen nach do drop zrëck, wann ech d'Geleeënheet kréien, fir meng Gedankegang zu Enn ze féieren.

(Interruptions)

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Et gëtt ee Waffestillstand zu Déifferdeng an zu Esch, mä déi sinn awer der Meenung...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Oh, wësst Der, ech loosse mech net vun lech vu mengem Raisonnement ofbréngen...

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Jo.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- ...an ech probéieren dann elo, d'Suite vun den Iddien ze halen, well ech weess...

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.*- Also dräimol 250, ech hu verstan!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Wann Dir déi Verhandlung gewannt, dann ass et guer kee Problem.

(Interruptions)

Et ass awer Är Responsabilitéit, an et ass virun allem d'Responsabilitéit vun deenen eenzelne Gemengen. Ech géif et net woen, fir mech doran anzemëschen. Ech mësche mech just do dran an, wann eng Gemeng d'Solidaritéit mat hire Kolleegeen no engem Accord, dee se mat ënnerschriwwen huet, brécht. Dat dierft jo nach an der Politik méiglech sinn, dass een Accorden, déi een ënnerschriwwen huet, nach eng Kéier an Erënnerung bréngt, Här Premier Minister.

Dir hutt jo och en Accord mat eis gemaach, a wann Dir e briecht, da komme mir op Iech zréck, a wa mir e brieche, ass et Äert gutt Recht, dass der eis drun erënnert.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Also ech hu keen Accord gebrach, Här Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Ma neen, ech soen dat net, mä wann Der en...

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Ech gi mat Sécherheet am weidere Verlaf vu menger Biographie net Buergermeeschter zu Suessem, dovun kënnt Der ausgoen.

(Interruptions)

M. le Président. - Här Bartolomeo, fuert elo weider mat Ärem Virtrag.

Also, mir kënnen dach net esou weiderfueren!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Ech géif mir dat zwar wënschen.

M. le Président. - Da kënnt erëm alles zréck, da sidd Der nach zwou Stonnen amgaang. Dir hutt nëmme 14 Minutten zegutt.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - De Premier Minister wënscht sech ëmmer e liewegen Débat...

(Interruptions)

Une voix. - Sträitkultur.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - ...an ech géif mer wierklech wënschen, Här Statsminister, dass Dir eng Kéier Buergermeeschter zu Suessem géift ginn,...

Une voix. - Neen, dat geet net.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - ...well dann hätt Der wahrscheinlech méi Versteesdemes vir d'Uleisse...

(Interruptions)

...vun de Gemengen, well een Element den eenzelne Regierungsmembere feelt, dat ass, dass se ni Conseiller, Schäffen oder Buergermeeschter waren, soss hätten se nämlech méi Versteesdemes.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Also hofft nëmme, dass ech net op Diddeleng plënnere, Här Mars Di Bartolomeo.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Ma Dir sidd wëllkomm, Här Statsminister, da ginn ech nämlech Premier Minister, wann Dir Diddelenger Buergermeeschter gitt.

(Hilarité)

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Wann ech sécher wier, dass et esou géif goen, da bleiwen ech op der Cap wunnen.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - An der Rei. Maache mer nach ee Stillhalteabkommen. Ech sinn do dermat d'accord.

M. le Président. - Sou, da fuert emol virun.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Also, ech wollt dann op dat zréckkommen, wat den Här Sunnen opgereeget huet, well ech ka mech nämlech ganz gutt drun erënneren, wéi den Innenminister reagéiert huet, wéi Déifferdeng mat hirem Hiewesaz an d'Luucht gaang ass. Do ass déi Déifferdenger Gemeng – an hei setzen der heibannen, déi dat wëssen –, un de Pranger geschleeft ginn, an den Innenminister wollt déi doten Décisioun casséieren.

Ech stelle mer dann an aller Naivitéit d'Fro, bei där doter Moosnam, entweder hu mer et mat enger ausgefeilter Duebelstrategie ze dinn oder, wat nach méi schlëmm wär, mat enger Inconscience, mat enger inconscienter Haltung.

Wann haut, den 19. Dezember 2001, de Stillhalteaccord tëschent de Gemengen an dem Stat fält oder sollt falen, ëm deen de Premier an d'Regierung eis gebieden an eis dozou invitéiert hunn, dann ass een eenzege responsabel do derfir. Et ass deen Éischten dee geschoss huet, an dat war de Suessemer Buergermeeschter, deen deen dote Stillhalteaccord – aus vläicht legitimen Ursaachen, mä jiddferen huet legitim Ursaache fir datselwecht ze maachen –, an dëser Gemeng opgekönnegt huet.

D'Argumentatioun vum Kolleg Sunnen fir seng Kënnegung un d'Solidaritéit ass och ganz spannend. Hie wëllt dës Erhéijung maachen, ier déi nei Betriber an de Friches industrielles implantéiert sinn, duerno gëtt et wahrscheinlech méi schwéier. Hie wëllt sech un déi sozialistesche Kolleegeen oder un d'Nopeschgemeng upassen.

Ech hu virdru gesot, wat dat fir eng Logik ass. An Zukunft passt jiddferen sech u jiddferen un, an da steet deen doten Accord net.

Ech wëll Iech och berouegen, Här Sunnen. Mir verlaangen net, datt den Här Innenminister dës Décisioun annulléiert, well d'Gemengenautonomie ass fir eis keen eidelt Wuert, mä mir soe ganz kloer, dass, wann dat, wat d'Regierung eis versprach huet, net opgeet, mir eis Fräiheet dann – awer eréischt dann – erëmhuelen.

An et ass eng ganz grouss Differenz tëschent Iech, Här Sunnen, an eis heibannen. Mir si fair genuch, dass mer

der Regierung d'Chance loosse fir ze beweisen, dass si an hirer Analys, wat d'wirtschaftlech Entwécklung an d'Wirkung vun de Steiersenkungen ugeet, dass si Recht huet an eis Suergen net begrënnt sinn. Dat ass also, mengen ech awer, eng ganz fair Approche vis-à-vis vun eisem Verhandlungspartner.

(Interruptions)

Oh Dir kennt mech net. Mä, wann Der awer insistéiert, léiert Der mech kennen.

(Hilarité)

M. le Président.- Kommt elo mol zum Thema, Här Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ma et ass just dat, wat ech wollt soen...

M. le Président.- Mir hunn en neit Steiergesetz, an hie féiert hei Kommunalpolitik.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, Dir waart laang genuch Inneminister, an déi Zäit hu mer eis net brauchen ze beschwéieren.

(Interruptions diverses)

(Hilarité)

An ech mengen, och de President ka Gedanke liesen. Well ech wollt elo just de Saz soen: elo dann zum Fong.

Une voix.- Ah.

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- D'Diskussioun iwwert de Steueraccord mat de Gemengen ass net besonnesch gutt gelaf, dat muss een haut soen. Am Regierungsprogramm war d'Ofschafung virgesi vun der Gewerbesteier mat Déchets fiscaux fir d'Gemengen. Dat ass elo zwee Joer hier. Et sollt en Aarbechtsgrupp am Intérieur agesat ginn, dee sollt alternativ Propositione maachen, an et muss ee soen, dass do net vill erauskomm ass.

Et ass keng Alternativ op den Dësch geluegt ginn, an do ass eppes passéiert, wat mer léiwer net gehat hätten, dat ass, dass kuerz virun der Sommervakanz aus der Héft eraus geschoss gouf an dass d'Propositionen op de SYVICOL zoukonn sinn, déi jiddefalls engem Gros vu Buergermeeschteren a Schäfferéit net gefall hunn.

Mir hunn eng Proposition gemaach kritt, déi keng Garantien enthalen huet, kee Conseil Supérieur des Finances communales enthalen huet an och keng Ausso iwwert Subsidie gemaach huet. Dir wësst, wéi d'Reaktiounen waren, ech brauch net nach eng Keier laang a breet dorop anzegoen.

Mir haten am Oktober eng éischt Generalversammlung, wou deen doten Accord, trotz anerer Meinung vun der

CSV, ofgelehnt ginn ass. Den 8. Oktober hate mer eng Verhandlungsrönn mat der Regierung, déi an engem konstruktive Geescht gelaf ass. Haart, mat Meenungsverschiedenheeten a wou, mengen ech, zwou Meenungen openee geprallt sinn, wou awer ënnert dem Stréch eng fair Approche erauskomm ass, déi jiddefalls, esoulaang bis de Contraire bewisen ass, steet.

An do muss ech soen, dass d'Garantien, wat d'Stabilitéit vun der Evoluitioun vun de Gemeengefinanze betrëfft, enthalte sinn, dass e Conseil Supérieur des Finances communales dran enthalte ass, wou de Premier an och d'Gemengen drop insistéiert hunn, dass dee Conseil Supérieur des Finances communales soll paritéitesch zesummegesat ginn. Et ass en Engagement komm, fir d'Subsidie schnell ofzewéckelen an, wat nach méi wichteg ass, dat ass deen Engagement, deen de Premier am Débat sur l'état de la Nation iwwerholl huet, fir deene Gemengen, déi bereet sinn, de Wuesstum mat ze droen, méi effikass a méi staark ze hëllefen.

Mir si wierklech gespaant do drop, Här Statsminister, wéi déi dote Propositionen, wat gutt Propositione sinn, an d'Praxis ëmgesat ginn. Zënter Ärer Ukënnegung hu mer nämlech nach näischt Konkretes doriwwer héieren, a mir waarden op Propositionen, haaptsächlech och am Schoulberäich, well et do am wéitsten deet.

Wann Der wësst, dass eng Gemeng wéi Diddeleng 5% Subventiounen am Moment bei engem Schoulneibau kritt, dann ass dat net vill, a mir kéinten eis duerchaus virstellen, dass mer eis bei Gemengen, déi de Wuesstum a Kaf huelen, d'Bir kéinten an zwee deelen. Dat ass net ze vill verlaangt.

Mir hunn deem Accord also zougestëmmt, well Garantien enthalte sinn. Mir hunn zougestëmmt, well e paritéitesche Verhandlungsdësch agesat gëtt. A mir hunn zougesot, well eng Stabilitéit vun de Finances communales zougesot ginn ass. An do ass just de Kär vum Puddel, do ass den zentrale Punkt – et war probéiert vun Däitsch op Lëtzebueresch ze iwwersetzen, et geléngt net ëmmer –, mä do ass den...

(Interruption)

Dat ass ganz richtig.

Mä, et ass do, wou den zentrale Punkt ass, d'Stabilitéit vun den Einnahmen vun de Gemengen, well d'Gemengen, dat wësst Der, kréien an deene leschte Joren ëmmer nei Missiounen. Ob et de Précoce ass, d'Structures d'accueil, ob et d'Crèche sinn, ob et den Emploi, ob et Multimedia ass, ob et de Logement ass – wou och elo de Logementsminister de Gemenge gesot huet, mir sollen déi Problemer léisen, déi bis elo net konnten um nationale Plang geléist ginn –, ob et d'Laascht vum Wuesstum ass.

An do, Här Statsminister, wënsche mer eis just eppes. Dass mer et kënne fäerdeg bréngen, zesummen e Modell ze fannen, wou d'Gemeengefinanze parallel mat

deene vum Stat wuessen, an och zrëckginn, wann de Stat Réckschléi kritt. Well wat ass an deene leschte Jore passéiert?

An dann, Här President, kommen ech schonn zum Enn.

Déi lescht Joren hunn eng gewëssen Erosioun vun der Progressioun vun den Einnahme vun de Gemenge bruecht. Mir sinn nach ëmmer gestiegen, mä net an deem Mooss, wou de Stat geklommen ass. Mir hate fréier duerchwees, wa mer Statsrecettë mat deene vun de Gemenge verglach hunn, e Schlëssel vu 25%, vu 26% a gudde Joren, vis-à-vis vun de Gesamtstatseinnahmen.

An der Zwëschenzäit, Här Statsminister, ass déi Proportioun op 22% erofgaang vun de Statseinnahmen. An, Dir kënnt och nokucken, dass déi Einnahme vun de Gemengen duerchwees méi lues gestiege si wéi déi vum Stat, mä mir awer déiselwecht Belaaschtungen iwwer Gehälteraccorden hu wéi de Stat. An do ass, mengen ech, den Zentralpunkt, an do ass déi Aufgab, déi mer eis unhuelen, fir am Conseil Supérieur des Finances communales doriwwer ze diskutéieren, Cartes sur table. Wierklech Cartes sur table. Mat deenen Ënnerscheeder, déi et an deenen eenzelne Gemenge gëtt. Mat deenen Argumenter, déi de Stat huet fir ze soen: Et ass gutt, datt mir méi schnell wuessen. Mä awer och mat den Argumenter vun de Gemengen, déi drop hiweisen, firwat dass mir eng Stabilitéit vun den Einnahme brauchen.

Zum Ofschloss, Här Statsminister, ech si frou, dass Der déi Argumentatioun och an där Form matkritt hutt, soe mir ganz kloer: Och wann den Här Sunnen enger anerer Meenung ass an och wann aner Kolleegen heibannen eng aner Meenung hunn, si mir bereet, e Waffestillstand an där doter Fro fir ee Joer ze ënnerschreiwen. Firwat fir ee Joer? Well mer sécher sinn, dass an deem Joer, am Joer 2002, de Gemengen nach näscht wäert passéieren. Do si mer sécher, well déi Ofrechnungen, déi mer elo kréien, sinn net vun 2001 an net vun 2002, mä dat sinn déi Ofrechnunge vun '98, '99, 2000, wat Bommejore waren, also passéiert eis do näscht.

Mä dat Joer solle mer notzen, fir wierklech am géigesäitegen Averstännis, mat alle Leit un engem Dësch, d'Stabilitéit vun de Gemengefinanzen ofzesécheren. Da si mer bereet, nei Accorden ze ënnerschreiwen. Wa mer dat doten net ronn bréngen an et ass de Contraire, dass mer d'Erosioun weider erfueren, da fille mir eis grad esou wéineg wéi den Här Sunnen an Zukunft nach un deen doten Accord gebonnen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Stärkt an d'Schwächt vun enger Economie ass an éischter Linn Funktioun vun der Kompetitivitéit vun de Betriber, an d'Kompetitivitéit ass ënner anerem och

ofhängeg vu folgende Faktoren: den Infrastrukturen, de Ressources humaines, dem Innovationsgeescht, an natierlech virun allem dem fiskaleschen Ëmfeld. Grad wat de leschte Faktor ubelaangt, huet d'Politik jo ouni Zweifel eng ganz grouss Roll ze spillen.

An enger oppener Economie ass et wichteg, datt de Stat de Fräiraum fir ekonomesch Aktivitéiten esou breet ewéi méiglech gestalt. D'lescht Woch an och nach gëschter hu mer hei ausgibeg iwwert de Statsbudget fir 2002 diskutéiert, a mer waren unanime der Meenung, datt d'Statsfinanzen insgesamt ganz gesond waren, soudass zu deem Zäitpunkt jiddefalls eng déif gräifend Steuerreform ouni Zweifel méiglech ass. Eleng d'Tatsaach, datt mer lo an deene leschte Joren jo kee Recours op Emprunte gemaach hunn, beweist jo, dass d'Statsfinanzen vun deem Land ouni Zweifel méi wéi gesond sinn. De Moment ass also, wéi gesot, richtig gewielt, fir eng déif gräifend Steuerreform am Intérêt souwuel vun de Privatpersounen wéi och vun de Personnes morales ze maachen. Virun allem droen natierlech déi geplangte Mesuren am Intérêt vun eise Betriber derzou bäi, fir de Standort Lëtzebuerg net nëmmen ze consolidéieren, mä doriwwer eraus och nach auszubauen. Dës Steuerreform ass ouni Zweifel liberal. Ech mengen, de Fraktiounschef vu menger Partei huet dat de Moien hei schonn ënnerstrach. Si ass liberal, well se d'Leeschung vun deenen eenzelnen Entreprises unerkennt an och fördert. Niewent méi techneschen an trotzdeem extrem wichtige Mesuren, wat d'Déterminatioun vun der Résidence fiscale vun Entreprises ubelaangt, oder wat d'Restructuratioun vun Entreprises ugeet, sinn d'Mesuren um Niveau vun der Verméigenssteuer ze ernimmen, op déi ech lo net am Detail agoe wëll. Den Norbert Hauptert huet dat hei de Moie schonn op eng exzellent Aart a Weis gemaach, dowéinst soll him de Merci nach eng Kéier matgedeelt ginn.

Et ass jo awer ee Punkt an där Steuerreform ervirzehiewen, an zwar d'Senkung vum Taux souwuel vun der Kollektivitéitssteuer wéi och vun der Gewerbesteuer. D'Modifikatioun eleng vun deenen zwou Steieren dréit jo u sech zum gréissten Deel zu der Reduktioun fir d'Betriber bäi. D'Regierung geet also hin a setzt den Taux vun der Kollektivitéitssteuer vun 30% op 22% erof. Domadder wäert eist Land dann och ganz kloer bei der Kollektivitéitsbesteuerung eng Spëtzepositioun an Europa anhuelen. Et ass u sech nëmmen nach Irland mat engem Taux vu 16%, dat déi éischt Plaz ausmécht. Domat gëtt iwwregens och eng laangjäreg Fuerderung vun der Demokratescher Partei erfüllt. Ech wëll nëmmen drun erënneren, datt d'DP schonn 1990, respektiv 1996 ëmmer erëm Amendemente virbruecht huet, fir den Taux vun der Kollektivitéitssteuer erfzesetzen. An deem Zesummenhang soll och erwähnt ginn...

(Interruption)

Glif?

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*. - Ech gi wierklech zesummegebrach och vun der DP.

M. Gusty Graas (DP). - Gesitt Der emol, wat dat net alles ausmécht, wann ee sech en neie Partner sicht!

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*. - Ech hunn nach blo Flecken.

(Hilarité)

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Dat hunn d'Sozialisten awer net fäerdeg bruecht, Här Statsminister.

M. Gusty Graas (DP). - Dat ënnerscheet eis jo och vun de Sozialisten, Här Rippinger!

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*. - Ech hätt och eng Äntwert dodrop, mä an den Zäiten tëschent de Jore soll een zäertlech sinn.

M. Gusty Graas (DP). - Ech wëll an dësem Zesammenhang och nach soen, datt d'Gewerbsteier jo net méi vun der Base d'imposition vun der Kollektivitéitssteuer ofgezu ka ginn. Mir begrëssen awer als DP,...

(Interruption)

datt d'Ofschafe vun der Déductibilitéit vun der Gewerbe- steier net fir d'Persounengesellschaft gëllt an déi maache jo awer ëmmerhin 43% vun den Handwierksbetreiber hei am Land aus.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

D'Gewerbsteier hält eis jo spéitstens zënter der Regierungserklärung vum 12. August 1999 an Otem, an net méi spéit wéi virun e puer Minutte si mer jo erëm Zeie ginn, zu wat fir engen Excitatiounen déi Diskussioun feiere kënnen. Ech wëll awer vläicht hei och drun erënneren, datt et wichteg wier, datt mer eis zousätzlech iwwert d'Gewerbsteier Gedanke maachen, datt den Débat iwwert d'Gewerbsteier och haut net ofgeschloss soll sinn. Den Discours, deen nämlech elo an deene leschte Wochen a Méint gefouert ginn as, soll vläicht an Zukunft méi relativéiert ginn. Mir musse kucken, ob mer net vläicht en neie Mechanismus fanne kënnen, wéi d'Gemengen un de Statsrecettë bedeelegt kënnen ginn. Et gëtt do eng Rei vu Méiglechkeeten, ech denken un e fixen Taux un der Partizipatioun vu Steieren, wéi d'Kollektivitéitssteuer, wéi d'TVA oder d'Akommessteuer, wat jo och zum Deel iwwert de Fonds communal de dotation financière scho geschitt.

Spéitstens wa mer hei den Débat iwwert d'Kompetenz- opdeelung tëscht dem Stat an de Gemengen feieren, misst jiddefalls déi ganz Problematik nach eng Kéier verdéift ginn. Den Taux vun der Base d'assiette vun der Gewerbe- steier gëtt dann – wéi gesot – vu 4% op 3% gesenkt, dat heescht, datt déi effektiv Betrëbs- steierung sech elo op 29,5% beleeft, respektiv op 30,38%. Wa mer natierlech d'Solidaritéitssteuer mat aschleissen, ëmmer virausgesat, datt de kommunalen

Hebesaz 250% ass, wat jo och bei ville Gemengen de Fall ass. Zënter gëschter bei eenzelnen net méi, mä dat ass jo dann eng aner Diskussioun.

Ech wëll awer och nach eng Kéier drun erënneren, wat den historesche Background vun der Gewerbe- steier ass. Si ass 1941 ënnert dem däitschen Occupant agefouert ginn. Si ass och déi éischt zwee Joer vun de Gemenge selwer agezu ginn. Dat gëtt vill ze vill oft vergiess. Haut schwätze mer ëmmer vun enger renger kommunaler Steuer, mä u sech ass dat jo net méi esou de Fall, well mer jo wëssen, datt de Stat jo awer eng ganz grouss Mainmise drop huet. Et ass eréischt 1943 décidéiert ginn, dass d'Steierverwaltung d'Gewerbsteier anzéie sollt, well d'Gemengen eben och net méi dat néidegt Personal haten, fir déi Aarbecht ze maachen.

Als Kommunalpolitiker si mer eis natierlech awer och bewosst, datt en ersatzloost Sträiche vun der Gewerbe- steier ondenkbar ass, well se jo awer an de Gemenge- budgete ronn 35 bis 40% vun den ordinäre Recetten ausmécht. Ech weisen drop hin, datt d'nächst Joer Recettë vu ronn 465 Milliounen Euro virgesi sinn.

Et gëtt oft, zu Recht och, behaupt, – wa mer scho bei der Verdeelung vun de Statsfinanze vis-à-vis vun de Gemengen sinn –, datt d'Délaie vum Stat vis-à-vis vun de Gemengen oft vill ze vill laang wieren. Vill Kommunalpolitiker kënnen dat nëmme bestätegen, datt dat sech oft iwwer Joren hinzitt, an datt dofir eng laangfristeg Finanzplanung oft net méiglech ass. Mäi Kolleg, de Buergermeeschter vu Beetebuerg, deen elo just net heibannen ass, kéint dat confirméieren. Fir e klengt Beispill ze ginn: Mir hunn net méi spéit wéi virun zwee, dräi Méint nach eng Tranche vun engem Subsid krut, deen op de Bau vun engem Schlass zréckgeet, dat mer virun eelef Joer ageweicht hunn. Doriwwer kann ee sech natierlech seng Gedanke maachen an d'Fro stellen, ob mer do net Mechanisme fanne müssen, fir dass de Stat sengen Obligatiounen méi séier nokënnt. Ech wëll an dësem Kontext awer och ënnersträichen, datt mir als Demokratesch Partei begrëssen, datt elo duerch d'Gesetz och e Conseil Supérieur des Finances communales agesat gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir décidéieren haut ouni Zweifel déi drastescht Betrëbssteiersenkung zënter Joerzénge. Sait 1969, wou d'Betriben nach mat 45,45% besteiert goufen, ass d'Steierlaascht bei deene jeelege Reforme just ëm ee bis zwee Prozentpunkte gesenkt ginn, fir 1998 dunn op den Niveau vu 36,36% ouni d'Solidaritéitssteuer unzekommen. Ech wëll och nach eng Kéier hei ënnersträichen, datt d'Demokratesch Partei scho virun de Wale Folgendes an hirem Positiounspobeier zum Mëttelstand am Juni 1998 gefuerdert hat: "Die effektive Besteuerung der Körperschaften soll auf real 30% abgesenkt werden. Die Steuerreform von Dezember 1997 hat hier zwar Verbesserungen gebracht, doch sie sind unzureichend." Ënnert DP-Bedeelung huet dës

Regierung also ouni Zweifel Wuert gehalen. 2002 geet déi effektiv Besteuerung ëm siwe Prozentpunkten erof. Duerch déi nei Tauxe behalen d'Lëtzebuerger Entrepreneuren e grouse Virsprong op hir Konkurrenten.

E weidere wichtege Punkt, deen een am Kader vun dësem Gesetz ernimme muss, ass jo ouni Zweifel d'Erofsätze vun der Taxe d'abonnement vun 0,06% op 0,05%. Dës Mesure, déi eleng schätzungsweise 2,5 Milliarden Steiere manner abréngen wäert, ass besonnesch fir d'OPCen hei zu Lëtzebuerg ganz wichteg, well domat eis Fongen nach méi interessant gi wäerten. Ech wëll just drop hiweisen, datt am Joer 2000 d'OPCen par rapport zum Joer 1999 ëm ronn 34,5% an d'Luucht gaange sinn. Iwwerhaupt kënnt jo dës Steuerreform prioritär der Lëtzebuerger Finanzplaz zegutt, ee vun de wichtegste Pilliere vun eiser Ekonomik. Datt mer eis Finanzplaz méi wéi eng Kéier verteidegen müssen, dat hu jo déi lescht Deeg zur Genüge ënner Beweis gestallt.

Erlaabt mer awer och nach just e kuerzt Wuert iwwert d'Bonification d'impôt pour investissement. Et war jo ursprüngelech, am éischte Projet, virgesinn, dës Bonification och op Logicielen an op Breveten auszedehnen. En contrepartie hätte jo eenzel Tauxen ëm 30% zrëckgesat solle ginn. Op Grond vun den Aven vum deenen eenzelne Berufschambren an och op Grond vum Avis vum Conseil d'Etat ass jo beschloss ginn, dës Punkt vun der Reform deelweis zrëckzezéien an dat Ganz nach emol méi genau ze analyséieren. Et muss een awer och dann hei nach eng Kéier ënnersträichen, datt de Conseil d'Etat jo awer am Prinzip mat enger Extensivitéit vun der Bonification op Logicielen an op Breveten averstane war. Zu dësem Zäitpunkt war jo awer vill Kritik vu Säite vun de Patronatskreesser komm. Dofir huet d'Regierung sech jo lo nach Bedenkzäit gefrot, fir op dësem Punkt eng Léisung fir all Bedeelegt ze fannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Steuerreform léisst ouni Zweifel awer dem Stat nach den néidege Spillraum – obwuel jo awer am Prinzip an deenen nächste Jore vläicht manner Recetten ze erwaarden sinn – fir seng Aufgaben ze erfëllen a fir weider an d'Infrastrukture vum Land an an d'Liewensqualitéit vu senger Matbierger ze investéieren, wéi och schonn de Moien de Jean-Paul Ripinger dat hei ënnerstrach huet.

Erlaabt mer awer zum Schluss vläicht nach, zwou méi allgemein Remarquen iwwert d'Betriebsbesteuerungen ze maachen. Déi éischt Remarque ass déi, dass ee Problem natierlech "nach wie vor" dee vun der Andriewung vun de Steieren ass. De chronesch Personalmangel bei der Steierverwaltung ass eis alleguer bekannt. D'Membre vun der Finanzkommissioun kréien do regelméisseg ëmmer de Rapport vun deene Responsable gemaach. Dofir misst de Stat sech jo déi néideg Moyene ginn, fir dës Aufgab gerecht ze ginn. Virun allem och d'Fraude fiscale muss an Zukunft vläicht nach méi verstärkt bekämpft ginn. Mä de Wëllen ass ouni Zweifel do. Et ass

och de Wëllen do, fir d'Effectiver bei der Steierverwaltung ze erhéijen. Mä mir wëssen awer och, dass et oft un Interesséierte feelt. Dofir muss an deem Kontext hei d'Fro gestallt ginn, ob een net duerch aner Ureizer vläicht d'Aarbecht an d'Carrière bei der Steierverwaltung méi attraktiv maache soll.

Eng zweet Remarque ass déi, dass mer schonn oft op dëser Plaz iwwer eng ökologesch Steuerreform geschwat hunn. Ech mengen, datt de Moment relativ gënschteg wier, fir nach méi verstärkt ökologesch Elementer an eis Steuerlandschaft afléissen ze loossen, ouni datt dofir d'Kompetitivitéit vun de Betriber drënner leide misst. Ech denken zum Beispill un zousätzlech Steiererliichterungen fir Betriber, déi hir Produktiounsphasen no méi ökologesche Kritären ausrichten an eng verstärkt Besteuerung vun Aktivitéiten, déi manifestement eng Nuisance fir d'Ëmwelt matbréngen, déi sech och an d'Strategie vun engem qualitative Wuesstum areie géifen. Op dëser Plaz soll och vläicht un déi Remarque erënnert ginn, déi d'Chambre de Commerce an hirem Avis iwwert d'Eligibilitéit vun Investissementer am Beräich vun den alternativen Energie formuléiert huet; erlaabt mer, datt ech dat hei kuerz zitieren: "Il serait approprié de rendre les investissements tombant dans le champ d'application du règlement grand-ducal du 17 juillet 2001 instituant un régime d'aides pour la promotion de l'utilisation rationnelle de l'énergie et la mise en valeur des sources d'énergie renouvelables et du projet de règlement grand-ducal instituant une prime d'encouragement écologique pour l'électricité produite à partir de l'énergie éolienne, hydraulique, solaire et de la biomasse, d'office éligibles au titre de l'amortissement spécial visé à l'article 32bis de la loi sur les impôts des revenus."

Ofschléissend wëll ech drop hiweisen, datt dës Steuerreform fir Betriber, déi ëmmerhin, wéi gesot, dem Stat 327 Milliounen Euro manner abréngen wäert, d'Resultat vun enger wäitsichteger Wirtschafts- a Finanzpolitik ass. Duerch déi verschidde Mesurë maache mir dat fiskalescht Ëmfeld nach méi attraktiv a sécheren doduerch eise Standuert of, wat sech ouni Zweifel och positiv fir d'ganz Gesellschaft auswierke wäert. Dës Meenung gëtt jo och a Patronatskreesser gedeelt. Eng Stëmm vu villen, déi Zefriddenheet zum Ausdrock bréngt, ass déi vun der Chambre des Métiers. Si huet an hirem Avis geschriwwen: "Les organisations de l'artisanat constatent avec satisfaction l'abaissement de la charge fiscale des entreprises réalisé par la réforme fiscale 2002 et se réjouissent du fait que la majorité de leurs revendications ont été prises en considération par le Gouvernement."

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetz erfëllt d'CSV- an d'DP-Regierung ouni Zweifel eent vun hire wichtegste Versproochen, nämlech ee bedeitend Erofsätze vun der Steuerlaascht, souwuel fir d'Privatpersounen wéi fir d'Betriber. Der DP hir

laangjäreg Fuerderung, méi Netto fir jiddfereen, gött also elo méi wéi jee Realitéit.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass de Camille Gira agedroen. Den Här Gira huet d'Wuert.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir ass de Moien d'Schmier net aus dem Grapp gefall, wéi ech de Gemengerotsbericht vu Suessem gelies hunn, grad esou wéineg wéi d'Schmier mer aus dem Grapp gefall ass virun e puer Deeg, wéi ech den neien Taux vun der Gemeng Dikrech gelies hunn, an zwar aus zwou Ursachen.

Éischtens fillen ech mech ganz wéineg gebonnen duerch deen Accord tëschent der Regierung an dem SYVICOL well ech zu Stroossen ee vun deenen eenzege war, déi deen Accord net gestëmmt hunn, well ech der Meenung sinn, dass et kee gudden Accord ass. Ech wäert probéieren, mech derzou ze erklären.

Zweetens, wann ee kuckt, wéi grad d'Gemengebudgete vun deenen zwou Gemengen an och nach vu villen aneren ausgesinn, da versteet een, dass, no deene puer Ugrëffer op d'Finanzautonomie vun de Gemengen, enger ganzer Rei Gemengen, elo an an Zukunft sécherlech nach méi, keen anere Moyen wäert bleiwen, fir nach iwwert d'Ronnen ze kommen.

Här President, den Ugrëff op d'Finanzautonomie vun de Gemengen, deen an deem Projet dran ass, ass jo bekanntlech keng eenzel Dot, mä hei ass e Wiederholungstäter um Wierk.

No der Eliminatioun vun der Gewerbekapitalsteuer 1996, no der Erhéijung vum Abatement vun 1999, no dem Iwwerraschungsgreiff beim Koalitiounsaccord, fir d'Gewerbesteier ganz ofzeschaffen, no engem tëschenzäitleche Réckzuch opgrond vu vehemente Reaktiounen op dës Ukënnegung, huet den Täter Juncker erëm eng Kéier kräfteg zougeschloen.

20 bis 25% vun der gréisster Gemengesteier falen deem Ugrëff zum Opfer, an no deene schonn ëmmerhin 20%, déi duerch d'Ofschafe vun der Gewerbekapitalsteuer 1996 ewechgefall sinn, ass dës Steuer an der Tëschenzäit de facto praktesch hallef ofgeschaaft. Während déi leschte Kéieren, an dat muss ee fairerweis soen, wéinegstens nach deelweis kompenséiert ginn ass, geet et dës Kéier un d'Liewegt. Ech sinn iwwerzeegt, dass dës 3,5 Milliarde Moins-valuen enger Rei Gemengen, sécherlech net alleguer, wäerte ganz zolitt un d'Liewegt goen.

Dësen Effort gött vun de Gemenge verlaangt mam Argument, och si missten hiren Deel zur wirtschaftlecher Ofsecherung vu Lëtzebuerg bäidroen. Grad hei si mer um springende Punkt. Déi Gréng sinn nämlech der Meenung, dass d'Gemenge längst dës Beitrag

geleescht hunn. Ech ginn net midd, ëmmer erëm Zuelen op den Dësch ze leeën, an den Här Clement kann nach zéngmol heihinner kommen a soen, ech hätt net Recht, d'Zuele weisen et schwaarz op wäiss. Een, dee sech d'Méi mécht, déi Zuelen a Rou ze kucken, gesäit, wat zënter 1996 bei der Evolutioun vun engersäits de Statsrecetten an op där anerer Säit de Gemengerecettë geschitt ass, an dee muss mir Recht ginn. Ech probéieren, dat nach eng Kéier klor ze maachen.

Ech behaupten nach eng Kéier klor an däitlech déi eenzeg, déi net vun deem aussergewöhnleche Wuesstum tëschent 1996 an haut an deem Land hei profitéiert hunn, dat sinn d'Gemengen. D'Populatioun profitéiert ganz vill iwwert déi Steuerreforme vun 2001 an 2002. D'Betriber profitéieren, dat ass elo dacks genuch gesot ginn, iwwert d'Steuerreform vun 2002. De Stat selwer huet enorm profitéiert vun deem wirtschaftleche Wuesstum, well ëmmerhi si seng Recetten tëschent 1996 an 2001 ëm 44% an d'Luucht gaangen. Ech brauch net iwwert déi grouss Plus-valuen hei ze schwätzen, iwwert déi mir gëschter laang diskutéiert hunn. Parallel dozou sinn de Gemengen hir Recetten awer nëmmen ëm ganzer 18% vun 1996 bis 2001 an d'Luucht geklomm, an dat ass wesentlech manner wéi de Wuesstum vum PIB an dëser Zäit. Vun der Inflatoun scho guer net dervun ze schwätzen.

Währenddeem mer, an dat kann een och schwaarz op wäiss an engem Bericht vum Inneministère nokucken, tëschent 1974 an 1996 praktesch eng parallel Entwécklung haten tëschent de Gemengefinanzen an de Statsfinanzen, dreiw mer wierklech zënter 1996 vehement auserneen. A wann een dat ëmrechent a Chiffren, da kann ee Folgendes feststellen: Wieren de Gemengen hir Recetten an deem Zäitraum och ëm 44% geklommen, dann hätte mer haut zéng Milliarde méi zegutt als Gemengen. Wann ech dann och nach soen okay, de Stat huet eng Rei Saache kompenséiert: d'Police, och d'Contributioun fir de Fonds pour l'Emploi, an ech gi guttwëlleg dofir dräi Milliarden an d'Keess, da feelen eis nach ëmmer siwe Milliarden.

Här President, jiddfer Buergermeeschter a jiddfer Conseiller kann dat ëmrechnen. Ech hunn et fir meng Gemeng gemaach. Dat wiere bal 30 Milliounen, déi ee weider an der Keess hätt, an et si genau déi Milliounen, déi eis feelen, well de Clou bei där ganzer Saach, an dat fannen ech duebel grave, well et ass jo esou, dass mer dës Moins-valuen, wann ech esou ka soen, zu Zäiten hunn, wou eis zu engem gudden Deel vun uewen erof vun därselwechter Regierung einfach nei Dépensen opgehalst gi sinn.

Ech wëll erënneren un den Enseignement musical. Et ass genee dat geschitt, a jiddferee vun lech, deen an engem Gemengerot ass, kann et schwaarz op wäiss vérifiéieren, wat ech perséinlech, mä och aner Riedner deemools bei dem Vote vun deem Gesetz gesot hunn. Dat neit

Gesetz huet zwar eng Harmoniséierung bruecht, wat mer all begréissen, mä et belaascht d'Gemegebudgete vill méi, well einfach d'Paie méi an d'Luucht gaange si wéi d'Contributioun vum Stat.

De Précoce ass schonn ernimmt ginn, d'Structures d'accueil. Ech sinn d'accord, dass do Efforte vum Stat komm sinn, mä ënnert dem Stréch bleift nach ëmmer eng zousätzlech Belaaschtung vun de Gemengen. Ech wëll och drun erënneren, dass de Stat e generéist Gehälterofkommen an der Fonction publique vun enger Masse salariale vu graff 7% gemaach huet. Do mussen d'Gemengen nozéien, awer mir ginn emol net gefrot. Mir sinn zwar Patron, mä mir setzen net mat um Dësch a mir dierfen net mat décidéieren.

An elo huet d'Regierung anscheinend nach eng nei Hausaufgab fir eis Gemenge fonnt. Mir sollen neierdings och nach d'Wunnengsnout an deem Land hei léisen. An nodeem de Statsminister an deem Dossier hei grouss Ukënnegunge gemaach huet vu wegen Terrain op de Marché geheien an d'Promoteure géingen elo emol eppes gewuer ginn, hu mer bis elo nach net vill erlieft. Währenddeem de Wunnungsbauminister während Joren ënnergetaucht war, kréien d'Gemengen dann elo och nach dee Pingpongsbal zougespillt.

An ech hu mengen Aen an Ouere virun zwee Deeg owens net esou richtig gegléift, wéi ech dann den Här Boden erlieft hu viru lafender Kamera de Gemenge Lektouren am Beräich Wunnengsnout ze erdeelen. Ech hu mech, Här President, eeschtlech gefrot, ob dee Mann iwwerhaupt nach ee Bezuch zur Realitéit huet. Weess dee Minister iwwerhaupt, wéi grouss, oder besser gesot wéi kleng de finanzielle Spillraum vun enger klenger Landgemeng ass? Weess dee Mann iwwerhaupt, wat dobaussen um Immobiliemarché lass ass a wat do fir Präisser gebuede ginn. Ouni wëllen an den Detail ze goen, kann ech lech confirméieren, dass bei eis an der Gemeng eventuell d'Chance gewiescht wär, fir 65 Ar an der Mëtt vun engem Duerf ze kafen. Mir haten eis als Gemeng interesséiert, mä déi Präisser, déi gefrot gi sinn, hunn eise Budget iwwerschratt. Dunn hunn ech dann de Fonds de Logement an d'Spill mat erabruecht, well ech gemengt hunn, dass déi staatlech Institutioun eigentlech Geld genuch misst hunn, fir do kënne matzehalen.

Abee, wësst Der, wat geschitt ass? Wéi et fäerdeg war, huet och de Fonds de Logement d'Waffe gestreckt, an e Privatpromoteur huet an der Gemeng Biekerech Terraine kaaft fir iwwert 400.000 Frang den Ar.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, den Här Logementsminister huet kee Bezuch méi zur Realitéit, wann en der Meenung ass, dass mat engem aarmséilege Gemegebudget vun 2000 Leit mir kënnte mat deenen do Präisser a vis-à-vis vun deene privaten Immobilienhändler mathalen.

Fir dass ech hei net falsch verstane ginn, déi Gréng si selbsterständlech der Meenung, dass d'Gemenge

sollen nom Subsidiaritätsprinzip eng Rei nei Aufgabe kréien. Mir sinn déi Lescht, déi net der Meenung sinn, dass ee muss Structures d'accueil maachen. Mir si selbsterständlech der Meenung, dass een och soll am Logement als Gemeng seng Responsabilitéiten iwwerhuelen, mä da muss een awer och d'Moyenen derzou kréien. Wat déi lescht Jore geschitt ass, dat ass genau de Géigendeel. Mir solle mat real manner Geld permanent nei Aufgaben iwwerhuelen. Ech weess net, wéi dat soll weidergoen.

An deem Kontext fannen ech et, éierlech gesot, och een Hohn, dass dës wesentlech Erofsetzung vun der Gewerbesteier geholl ginn ass an engem Moment, wou hei all Parteien ugeschriwwen gi sinn, fir hir Iddien zu enger fundamentaler Reform vun de Gemegefinanze virzebréngen, och iwwer eng nei Opdeelung tëschent Stat a Gemengen, an da fannen ech et wierklech eng Frechheet, fir eis einfach viru Faits accomplis ze setzen a virun dem Débat d'orientation schonn esou wesentlech Faits accomplis ze schafen.

Ech si wierklech gespaant, wat dann elo déi zwou Majoritéitsparteien an deem Kontext wäerten op den Dësch leeën. Ech weess net, ob et symptomatesch ass, dass mir als Gréng scho während Joren eis Iddien op den Dësch geluegt hunn an an der Tëschenzäit och d'LSAP hir Hausaufgab gemaach huet. Ech zumindest hunn nach keen Dokument vun der CSV oder der DP an deem Kontext gesinn, nodeem schonn e puer Rappelle vum President vun der Chamber komm sinn. Mir si gespaant, wat déi zwou Majoritéitsparteien an deem Kontext wëlle maachen.

Ech si fundamental der Meenung, wann an deem Kontext net erëm deelweis zrëckgeruddert gëtt an dat kompenséiert gëtt, wat mer an deene leschte 4,5 Joer verluer hunn, da kann ee geschwënn eng Rei Buergermeeschteren heemschécken, well wa Gemengen opgrond vun der demographescher Entwécklung emol hir Schoule bis gebaut hunn, dann ass hire finanzielle Spillraum esou kleng, dass wierklech de Gemengesekretär oder den Techniker kënne während deenen nächste 15 Joer d'Geschäft iwwerhuelen.

Déi Gréng wäerte jiddefalls vun all Geleeënheet profitéieren, fir de Leit ze soen, wem seng Schold et ass, wann d'Gemengen nëmme méi dräi Méiglechkeeten hunn, fir eens ze ginn:

1. Projeten zrëckzestellen.
2. Taxen a Steieren erhéijen.
3. Sech musse bis iwwert de Kapp verschëlden.

D'Spill ass elo amgaang. Suessem ass genannt ginn, Dikrech. Wann een elo am Kader vum Budget nach eng Rei aner Gemengerotsberichter kuckt, da gesäit een och eng ganz Rei Taxenerhéijungen.

Ech froe mech, Här President, ob mer gutt geschafft hunn, wann elo de Stat higeet an iwwert eng massiv, eiser

Meenung no, zevill massiv Steuerreform a gewëssene Beräicher de Leit an déi lénks Täschen Suen eragëtt. D'Gemenge mussen einfach, opgrond vun deem, wat ech hei geschildert hunn, dann deelweis erëm déiselwecht Suen hinnen aus der rietser Täschen eraushuelen. Ech weess net, ob, global gekuckt, mer fir d'Ekonomie zu Lëtzebuerg an awer och fir d'Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg gutt geschafft hunn, well eng Rei Gemengen, ech betounen eng Rei Gemengen, ech schwätzen net fir d'Gemengen alleguer, an ech wëll och betounen, dass ech net pro domo schwätzen, well eis Gemeng steet sech finanziell relativ gutt, mä ech weess awer eng ganz Rei kleng Landgemengen, déi no dem Bau vun enger Schoul esou aarmséileg dru sinn, dass se keng aner Léisung méi hunn, wéi eng vun deenen dräi, déi ech elo grad geschildert hunn.

Mä dëst Gesetz wäert awer och nach een aneren Effet hunn. Duerch déi vill Zuel vu Moossnamen an deene leschte Jore wäerten ëmmer manner Betriber iwwerhaupt Gewerbesteier bezuelen. Et gëtt awer elo e bësse méi spannend, well duerch d'Gesetz vun 1997 kréien d'Gemengen zweemol d'Joer de Relevé vun de Bases d'assiette vun de Betriber, an et kënnt esou e bësse méi Transparenz an déi ganz Gewerbesteiergeschicht, mä awer och e bësse méi Diskussioun.

An déi Conseillere, Schaffer a Buergermeeschteren, déi sech emol d'Méi gemaach hunn, déi Relevéen ze kontrolléieren, déi erliewen do heiansdo ganz schéin Iwwerraschungen. Do gëtt dann op eemol festgestallt, dass zum Beispill den Impakt vu gewëssenen Tankstellen eigentlech net deem entsprécht, wat se vu Nuisancen engendréieren. Et gëtt och festgestallt, dass gréisser Betriber, aus wellechen Ursaachen och ëmmer, während Joren iwwerhaupt keng Gewerbesteier bezuelen.

A wann ee sech e bësse méi dra knéit, da fënnt een nach ganz aner erstaunlech Saachen eraus. Zum Beispill, dass de Stat bei Konventiounen, bei gréissere Betriber, déi sech hei néierloossen, higaangen ass an dësse Betriber gesot huet: Dir braucht während sechs, siwen, aacht Joer e Véierel vun der Gewerbesteier net ze bezuelen.

Ech froe mech do, ob dat net carrément eng Illegalitéit ass. Et wier eigentlech spannend, eng Gemeng ze fannen, déi emol eng Kéier géing d'Repartitioun vun der Gewerbesteier an deem do Kontext op den Tribunal administratif huelen. Ech wär gespaant, wat dee géing soen, wann d'Regierung higeet an erlësst deem engen oder anere Betrib en Deel vun enger Gemengesteier. Ech si relativ optimistes, den Ausgang vun esou engem Prozess ze kennen.

Ech mengen awer, wann dat do de Fall ass, dass ëmmer manner Betriber Gewerbesteier bezuelen, da brauch ee sech net ze wonneren, wa geschwënn d'Gemenge soen, mä mir wëlle keng Betriber, jiddefalls keng Betriber méi, déi Verkéier oder Knascht maachen. Firwat soll ee schlussendlech do Efforte maachen, wann op där anerer Säit engem sämtlech Revenuen, déi vun deene

Betriber eventuell kéinte bezuelt ginn, duerch d'Regierung ewechgeholl ginn.

Do wëll ech hei soen, dass dës Regierung sech dann net brauch iwwert dës Nimbusmentalitéit, déi sech da wäert um Niveau vun de Gemengen entwéckelen, ze beschwéieren, well déi huet se sech selwer zouzeschreiwen. Ech weess och net, den Här Clement huet hei gesot, dass do ganz vill fir de Mëttelstand gemaach gi wär an dass d'Handwierk sech géing esou beluewen iwwert dës Steuerreform.

Ech weess net, ob iwwert deen do Wee d'Handwierk net grad e Selbstgoal schéisst, well wann emol bis bekannt ass – an dat ass ganz séier bekannt –, dass wierklech kee mëttleren Handwierksbetrib méi nach e Frang Gewerbesteier an iergendenger Gemeng bezilt, da weess ech net, ob d'Bereitschaft vun de Gemenge ganz grouss wäert sinn, fir nach esou Betriber opzehuelen. Ech froe mech och, ob do net mëttel- a laangfristeg e Bumerang kënnt an dass d'Handwierk mat hirer Lobbyarbecht an deem Beräich sech net e schlechten Dénkscht geleeest huet.

Här President, dat lescht Manöver vun dëser Regierung ass nach eng Kéier glat gaangen. No villem Getaktéiers a Manöver ass schlussendlech méi oder wéineger dat duerchgesat ginn, wat dës Regierung wollt. Mä ech mengen, eng Rei Leit ware sech hiren eegenen Truppe scho selwer net méi esou ganz sécher, well soss hätte se se net kuerz virun enger SYVICOL-Generalversammlung zesummegetrommelt. Mä och dat huet net alles genotzt, well an der Versammlung selwer sinn déi Truppen deelweis schonn ëmgefall an dat, wat mer elo haut erlieft hunn an der Diskussioun, weist jo och, dass wann d'Gemengeverantwortlech kënnte fräi a frësch hei an op anere Plazen hir Meenung soen, dann ass eigentlech e Konsens do, dass dat do keng gutt Richtung ass.

Dass mer fir d'Liewensqualitéit fir d'Biergerinnen an d'Bierger dobaussen op engem falsche Wee sinn, wa mer op där enger Säit esou Steuerreform staatlechersäits maachen an op där anerer Säit awer d'Finanzautonomie vun de Gemengen aschränken, well de Stat suert vläicht virun allem fir de Portmonni vun de Leit, mä et sinn d'Gemengen, déi dobaussen, virun der Leit hirer Hausdier, an de Leit hirem Quartier, an hirer Gemeng dofir suergen, dass d'Leit eng gutt Liewensqualitéit hunn, an ech hoffen, dass bei nächste Reformen – a mir "schwant nichts Gutes", wann ech den Här Graas hei héieren hunn, deen elo schonn déi nächst Reform vun der Gewerbesteier ugekënnegt huet –, déi Kéier awer sämtlech Gemengeverantwortlech iwwer d'Parteigrenzen ewech soen, dass et elo duergeet an dass mer mussen oppassen, dass mer d'Finanzkapazität vun de Gemengen net definitiv futti maachen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Laurent Mosar agedroen. Den Här Mosar huet d'Wuert.

M. Laurent Mosar (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Steuerreform ass am Detail eng komplizéiert Affär. Si beréiert den Tarif vun de groussen Steieren, wat net besonnesch technesch ass, mä si beinhalt och eng grouss Zuel Detailregelungen an der Steiergesetzgebung, där hiren Inhalt et ëmsou méi ass. Ech wëll dofir och mengem Fraktiounskolleeg Norbert Hauptert félicitéiere fir säin exzellenten, novollzéibaren a verständleche Rapport. Hien huet aus enger Zort technescher Zeechnung eng plastesch Duerstellung gemaach, wat beileiwe keen einfachen Exercice ass a woufir hien eise Respekt verdéngt.

Ech wëllt mech a menger Interventioun mat e puer Elementer vun dëser Reform ausernee setzen, déi Reperkussiounen op d'Finanzplaz hunn an an deem Kontext och kuerz op en aktuell Thema agoen, an zwar d'Resultater vum Ecofin-Conseil vu Laeken.

Souwuel bei deem enge wéi deem aneren Thema schécken ech viraus, datt Positives bewierkt gëtt, respektiv um leschte Finanzministerrot scho bewierkt ginn ass. Ier ech awer op déi Ausféierunge kommen, erlaabt mer fir d'alleréischt menger ganz grousser Satisfaktioun Ausdrock ze ginn, datt d'Finanzkommissioun eng Léisung fonnt huet fir deen ominöse Problem vum Artikel 42 vum Gesetz vum 22. Frimaire, An 7, deen Artikel, dee vum Enregistrement aus engem déiwe Schlof erëm erwächt ginn ass an dee jo och mat enger ganzer Rei vu praktesche Problemer fir d'Justizwiese behaft ginn ass.

D'Finanzkommissioun huet wéi gesot an engem Amendement e groussen Deel vun deene Problemer do geléist. Leider awer net alleguer, well nach ëmmer de Problem um Niveau vum Bail à loyer besteet. Dat konnt anscheinend an dëser Etapp nach net gemaach ginn. Meng Fraktioun wäert dofir och ganz kuerzfristeg am Ufank vum neie Joer eng Proposition de loi abréngen, wou dann och dee Problem vum Bail à loyer wäert eng Léisung fannen.

Uganks wëllt ech, Här President, mat der Thematik vum Artikel 129c vum Akommessteiergesetz, der sou genannter Loi Rau, schwätzen.

D'Regierung hat ugekënnegt, schonn am Koalitiounsaccord, am Kader vun enger zukünftiger Steuerreform, d'Abbattementer kritesch ënnert d'Lupp ze huelen an hir Zuel gegebenefalls ze reduzéieren.

Vun deenen 19 Abbattementer, déi eis fiskal Législatioun kennt, gëtt de Steuerprojet elo just eng zum Auslafe fräi, an dat ass den Abbattement à l'investissement mobilier oder wéi genannt, d'Loi Rau.

Dës Tatsaach – a mäi Fraktiounskolleeg Luss Clement huet et schonn ervirgestrach – huet hir Berechtigung, well d'Abbattementslandschaft gestallt ass wéi e Mikadosbau. Wann een een Element doraus ewechhëlt, dann halen déi aner net méi zesummen. An trotzdem gëtt den Abbattement Loi Rau progressiv ofgeschafft.

Fir esou eng Ofschafung gëtt et gutt Grënn, a si ass och net als solches problematesch. Den Artikel 129c huet nämlech ni säin eigentlechen ursprüngelechen Zweck erfëllt. Aus enger ekonomescher Fördermoossnam, mat allgemengem Usproch, gouf séier en Instrument zum private Gebrauch vu Steuerzueler, dat de Secteur vun Investitiounsfonge fir sech notzbar gemaach huet, andeems ee SICAVen op de Maart bruecht huet, déi den Investissementskritäre vun der Loi Rau entsprach hunn. Doduerch goufen d'Bourssëkotatioune vun e puer groussen Lëtzebuerger Betriber gestärkt, mä soss hat u sech keng eenheemesch Entreprise eppes dovun.

Op där anerer Säit huet dës fiskalesch Measure awer ganz vill Leit incitéiert Aktien, respektiv SICAVen ze kafen an domadder ass och eng Ouverture zu engem sou genannten Actionariat populaire, wéi dat a Frankräich genannt gëtt, gemaach ginn.

Doriwwer eraus wësse mer, an net eréischt säit gëschter, datt de Mechanismus vum Artikel 129c net mam Gemeinschaftsrecht am Beräich vum fräie Kapitalverkéier kompatibel ass.

D'Fördere vu reng nationale Wäerter ass nämlech an der communautärer Rechtssetzung net statthaft, fir net ze soen, si ass carrément ënnersot. Aus dëse Grënn gëtt d'Loi Rau auslafe gelooss. Zwar net vum 1. Januar 2002 un, mä ab 2003 leeft de Mechanismus progressiv aus, esou datt vun 2005 un den Abbattement Loi Rau net méi wäert existéieren.

Datt de sou genannte "phasing out" net schonn a 14 Deeg ufänkt, ass ze begreifen. Et gouf jo och vum Finanzsektor selwer an aneren interesséierte Parteien gefuerdert, well eng gutt Partie vun deem ënnert der Loi Rau investéierte Kapital am Januar 2002 seng fënnf Joer Lafzäit hanneru sech huet an erëm fräi gëtt. Dobäi handelt et sech ëm ongeféier fënnf Milliarde Frang, vun am Ganze 24. Déi stinn elo net alleguer mateneen am Januar nees um Maart, wat zu engem substantielle Wäertverloscht gefouert hätt, mä kënne méi espacéiert ofgestouss ginn.

Et ass jo schliesslech net esou, datt kee Mënsch méi Interesse un enger Loi Rau SICAVen hätt. Déi besti schliesslech aus duerchaus presentable Wäertpabeieren, a si si jo och net vun engem op deen aneren Dag näischt méi wäert. Si kënne vun elo un net méi kaaft ginn, fir vum Abbattement vum Artikel 129c ze profitéieren, an doduerch verléiere se trotzdem u Wäert.

Fir de Steuerzueler selwer entstinn och den 1. Januar 2002 nei interessant Formulen, fir Steieren ze spueren, virun allem am Beräich vun Zousazpensiounen a Liewensversicherung. Dës Instrumenter ginn nennenswäert méi staark fiskal bevirdeelegt, wéi dat bis elo de Fall war, an op dës Manéier erhofft sech d'Regierung, völeg zu Recht, wéi ech mengen, eng verstärkten eege Responsabilitéit vun de Bierger am Hibleck op hir Altersversicherung an d'Versuergung vun hiren eventuellen Hannerbliwwenen.

Mä ekonomesch gekuckt, wann een d'Motivatioun retracéiert, déi der Schafung vum Artikel 129c deemools zu Grond louch, da falen individuell Zousazpensiounen oder Liewensversécherungen net an d'Kategorie vun den ursprüngeleche viséierten Ziler. Ouni elo wëllen hei e laange Plaidoyer fir d'Ersetze vun der Loi Rau duerch e gläichwäertege Mechanismus zu Gonschte vun der Lëtzebuerger Wirtschaft ze halen, de Lëtzebuerger Aspekt ass nun emol kee méi, deen een nach weider formell ka begënschtegen, well den Droit communautaire esou enger Démarche entgéintsteet. Ech wëll trotzdeem e puer Wieder verléieren iwwert d'Méiglechkeeten, déi bestinn, fir den Artikel 129c, esou wéi mer e kennen, duerch e Mechanismus ze ersetzen, deen op d'mannst am Effekt vergläichbar Auswierkungen op d'Ekonomie hätt.

Ech mengen, Här President, datt et duerchaus Sënn mécht emol ze exploréieren, ob een net kënnt Investitiounsfonge schafen, déi beispillsweis am Beräich vum Logement an der Ënnerstëtzung vu mëttelstännege Betriber tätég wieren an déi steierlech grad esou favoriséiert géifen, wéi dat elo Lëtzebuerger Aktien oder déi respektiv SICAVe sinn. Ech sinn nämlech der Meinung, datt een duerchaus kann e lëtzebuergesch Resultat aus enger net reng lëtzebuergesch formulierter gesetzlecher Dispositioun zéien.

Wa mer géifen den Investissement an de Logement steierlech begënschtegen, dann ass et zwar virstellbar, datt Lëtzebuerger an e Fong op Mallorca investéieren, mä et ass awer net schrecklech wahrscheinlech.

Vill Lëtzebuerger hunn de Moment Suerge mam Logement, well d'Präisser vu Bauland a Wunnraum allgemeng explodéieren an den Undeel vum Revenu vun engem Stot, deen an de Logement muss gestach ginn, bestänneg wisst, wann ee selwer keng Terrainen oder Wunnraum am Familljebesëtz huet. De Problem, deen de Logement zu Lëtzebuerg de Moment kennt, ass wuel nëmmen duerch eng vergréissert Offer an de Grëff ze kréien.

E Fong zum Schafe vu Wunnraum ass an deem Kontext sécher e positive Beitrag, virun allem am Beräich vum Logement locatif, deem seng Fördéierung jo och Deel vun der Politik vum Ministère du Logement ass.

Ähnlech gëllt bei mëttelstänneschen Entreprises. Hei misst ee sech fir d'éischt intensiv Gedanken iwwert déi genee Investitiounsformule maachen, well d'Leit jo kaum kënne wëssen, wou dann elo Betriber sinn, an déi et sech géif lounen ze investéieren, a well dat och um Niveau vum Aktieninvestissement vläicht awer zevill riskant fir de Lëtzebuerger Goût wier. Mir hu schliesslech gesinn, datt a Saache Loi Rau d'SICAVen nennenswäert méi Erfolleg hate wéi d'Aktien u sech. Mä och hei ass et jo denkbar, datt um Wee vun Investitiounsfongen d'Offer gebündelt géif, wat den zousätzleche Virdeel hätt, datt de Publizitéitsproblem fir déi Betriber, déi

gären zousätzlech Investissementer hätten, geregelt wier. Si sténgen da just a Relatioun mat de Gestionnaire vun de Fongen an net direkt mat de Steuerzueler, déi hei e fiskal effikassen Investissement wëlte maachen.

Och d'Initiativ vum Kolleg Fränz Bausch, deen eng Proposition de loi deponéiert huet zum Zweck vun der Fördéierung vun etheschen, solidareschen an ëmweltfrëndlechen Investissementer, schéngt mer eng Pist ze sinn, déi an deem gesamte Kontext soll mat verfollegt ginn.

Et stellt sech natierlech d'Fro, no wéi enge Kritären däraarteg Investissementer definéiert kënnt ginn an ob esou Definitiounen op allgemeng gültig an novollzéibar Manéier iwwerhaupt méiglech sinn, ouni sech permanent un der Grenz vum Arbitrairen ofzespillen. Dat bleift bei sou genannten etheschen Ulagen also ze präifen.

Am Fong geet et drëms, déi initial Motivatioun vun der Loi Rau net aus den Aen ze verléieren. Et soll drëms goen, datt d'Betriber, déi dat gutt kënnt brauchen, zousätzlech Mëttel vum normale Spuerer géifen erschloss kréien an dese Spuerer duerch eng steierlech Incitatioun zu esou enger Form vun Unleee vu sengem Geld soll stimuléiert ginn.

Do sinn zwee Elementer am Spill, déi näischt vun hirer Aktualitéit an hirer Sënnfälligkeet verluer hunn. Engersäits en Investissement, deen der Wirtschaft am wäiteste Sënn eppes bréngt, an anersäits d'Favoriséieren duerch "fiscal incentives" vun enger méi sophistikierter Form vu spueren, wéi de Wirtschafts- a Sozialrot dat genannt huet.

Ech sinn iwwerzeegt, datt gesamtwirtschaftlech et e Sënn mécht, de Bierger dozou ze motivéieren, säi Geld net op e Spuerbuch ze placéieren, mä et do ze investéieren, wou et gebraucht gëtt. An deser Zäit, wou de Wunnraum zu engem Dauerthema gëtt, well en net méi ausräichend zu abordable Präisser zur Verfügung steet, wou mer eis Gedanken driwwer maachen, wéi mer méi Leit kënne motivéieren, sech selbstänneg ze maachen, a wou vill Leit fir déi ekologesch a solidaresch Cause sensibel sinn, solle mer eis e Mechanismus iwwerleeën, mat deem déi genannte Préoccupatiounen vun de Leit a vun der Politik kënne mat der Finalitéit vun engem méi modernen Émgank mat Geld a Relatioun bruecht ginn.

An deem Sënn déposéieren ech hei eng Motioun, Här President, an där d'Regierung opgefuerdert gëtt, d'Machbarkeet vun esou engem Mechanismus ze präifen a gegebenefalls d'Ersetze vun der aktueller Loi Rau duerch eng steierlech Fördermoossnam zu Gonschte vun deenen ugefëhrte Kategoriën vun Investissementer an d'Wee ze leeden.

Motion 2

La Chambre des Députés

– *considérant que l'article 129c L.I.R. a été introduit dans la législation fiscale dans le but d'encourager*

fiscalement des formes plus sophistiquées de gestion du patrimoine personnel que la seule épargne, en l'occurrence la disposition des particuliers à investir dans les entreprises établies sur le territoire national;

– conscient de ce que l'utilisation du mécanisme de l'article 129c L.I.R. a été fortement marquée par la cotation en Bourse de quelques entreprises nationales et l'investissement en des fonds de placement collectif consistant essentiellement d'actions de ces entreprises, de manière à ce que le mécanisme n'a pas atteint le but d'un investissement plus général dans les entreprises luxembourgeoises;

– considérant que la philosophie ayant inspiré l'inclusion de l'article 129c dans la législation sur l'impôt sur le revenu n'a rien perdu de sa justification et de sa valeur, dans la mesure où certains secteurs de l'économie accueilleraient favorablement un investissement externe supplémentaire;

– estimant qu'un mécanisme d'incitation fiscale à l'investissement économique doit être préservé, même si la législation fiscale nationale ne peut plus contenir des dispositions pouvant être interprétées comme représentant un soutien direct de dimension purement nationale, une telle approche étant contraire à la réglementation européenne en matière de libre circulation des capitaux;

– concluant aussi bien à la non-réalisation du but initial de l'article 129c L.I.R. qu'à la nécessité d'un encouragement fiscal à l'investissement des particuliers en des secteurs déterminés de l'économie, dont notamment le logement;

invite le Gouvernement

– à étudier la conception d'une disposition de remplacement de l'article 129c L.I.R. compatible avec le droit communautaire pendant la période du "phasing out" du mécanisme actuel;

– à veiller, dans le cadre de la conception d'un tel mécanisme, au maintien de la finalité économique ayant initialement inspiré l'article 129c L.I.R. actuel, à savoir l'encouragement des particuliers à l'investissement économique en dehors des structures classiques de l'épargne bancaire, investissement dont la finalité économique est différente de celle de la cotisation des particuliers dans le cadre d'une assurance-pension complémentaire, telle qu'elle est encouragée par l'article 111 L.I.R.;

– à étudier dans cette perspective la faisabilité de la mise en place d'un mécanisme fiscal encourageant l'investissement des particuliers dans le logement et dans les petites et moyennes entreprises.

(s.) Laurent Mosar, Emile Calmes, Lucien Clement, Gusty Graas, Norbert Hauptert.

Dann, Här President, kommen ech zu enger anerer Moosnam am Sënn vum Investissement, an zwar deenen neie Modalitéite vun de Zertifikater fir audiovisuell Investissementer a fir d'Bereetstelle vu Risikokapital.

D'Inhaber vun esou Zertifikater, souwuel am audiovisuelle Beräich wéi och beim Risikokapital, hu bis elo vun engem steierlechen Abatement profitéiert. Dësen Abatement ass Funktioun vum Saz vun der jeeweileger Besteuerung, sief et vun de Kollektivitéiten, sief et vum Akommes vun de physische Persounen.

Am Kader vun der Senkung vun deene respektiven Tariffer wier et elo ouni Adaptatiounen esou, dass dës Zorte vun Investissementer manner staark gefördert géifen, wéi dat bis elo de Fall war. Wann den Taux vun der Besteuerung erofgeet, da gëtt och den Abatement, deen un dësen Taux gebonnen ass, erofgesat.

Fir awer den Investissement an eis audiovisuel Produktioun an an innovativ Aktivitéiten duerch Apporte vu Risikokapital attraktiv ze halen, gëtt den Abatement duerch eng Bonifikatioun mat festem Plafong ersat. Op dës Manéier bléiwen déi aktuell steierlech Avantagé beim Investissement op hirem aktuellen Niveau erhalen, wat nodrécklech muss begréisst ginn.

Domat kommen ech kuerz zu engem aneren Thema, an zwar de Resultater vum ECOFIN-Conseil vu Laeken. Do war schonn am Virfeld gewosst, dass d'Accorde vu Feira, déi net eng onwesentlech Roll fir eis Bankeplaz spillen, erëm vu verschiddene Säite géifen a Fro gestallt ginn. Dëst ass ëmsou méi erstaunlech, well eigentlech säit Feira d'Prozedur hätt misse klor sinn, nämlech déi, fir mat verschiddenen Net-EU-Memberstaten, ënner anerem der Schwäiz an deenen englesche Kanalinselen, en Iwwergank zu engem gemeinsamen Informationsaustausch virzegesinn.

Am Numm vu menger Fraktioun begrëssen ech dofir, dass de Budgetsminister Luc Frieden et eng Kéier méi fäerdeg bruecht huet, déi lescht Attacken op d'Bankgeheimnis ofzewieren, an dass op där anerer Säit nach eng Kéier d'Accorde vu Feira festgeschriwwen gi sinn. Dëst schéngt mer dann och an enger gewëssener Logik ze sinn, well a sech zu Laeken absolut keen erkenntleche Grond existéiert huet, fir d'Beschlëss vu Feira erëm nei ze diskutéieren.

Et muss ee sech d'ailleurs wonneren, wéi verschidde Länner, an hei denken ech besonnesch un eis däitsch a franséisch Noperen, net midd ginn, bestehend Beschlëss ëmmer erëm unzefechten an ouni zwéngende Grond elo scho wëllen, de Koexistenzmodell definitiv ofschafen.

Et bleift, dass d'Erreeche vun de Grondlage vun engem allgemengen Informationsaustausch, esou wéi se zu Feira arrétéiert goufen, ëmmer méi wäit ewechréckelt. Ganz rezent huet d'Schwäiz zum Beispill nach eng Kéier drop insistéiert, dass se nu wierklech net un enger Ofschafung vun hirem Bankgeheimnis kann interesséiert

sinn. Wann een dobäi weess, dass esou eng eventuell Ofschafung nëmmen iwwer Referendum méiglech ass, a wann ee ganz besonnesch an de leschte Jore kuckt, wéi ähnlech gelagert Referenden an der Schwäiz ausgaange sinn, esou ass déi Eventualitéit, fir d'Eidgenossen an en Informatiounsautauschsystem anzebannen, méi wéi kleng.

Ech géif also wëlle behaupten, dass d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung, esou wéi se zu Feira arrêtiert ginn ass, nach ëmmer a méi wéi jee, déi richteg ass.

Ech mengen awer och, dass déi lescht Schluecht hei nach net geschloe ginn ass, an d'Regierung sech och muss nach d'nächst Joer drop gefaasst halen, dass eis däitsch a besonnesch eis franséisch Kolleegen nach eng Kéier eng Schëpp wäerte bäileeën. D'Aussoen, besonnesch vum franséische Finanzminister Laurent Fabius, déi an der franséischer Press nozeliere sinn, weisen dorop hin, andeem e gemengt huet, dass zum Thema Informatiounsautausch eng "discussion virile" misst gefouert ginn.

Abe, Här President, ech sinn trotzdem zouversichtlech, dass mer an deene männlechen Debatten, déi eis südlech Noperen do an Aussicht stellen, weider eng gutt Positioun hunn. Et ass ëmsou méi wichteg, dass och d'Chamber der Regierung an deem kruziale Punkt de Réck stäipt.

Mir haten traditionell a partiwwergräifend ëmmer e grouse Konsens heiriwwer, Konsens, deen och der Regierung erlaabt huet, hir Positioun, souwuel intern wéi awer och extern, op eng effizient Manéier duerzestellen.

Ech bedauern dofir och, dass déi gréng Kolleegen d'Bankgeheimnis fale gelooss hunn a sech aus deem nationale Konsens verabschied hunn. Dëst ass fir mech ëmsou méi ...

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Vu wat schwätzt Dir, Här Mosar?

M. Laurent Mosar (CSV).- Mä vum Bankgeheimnis, Här Bausch. Do ginn et verschidden Zitater, dass déi gréng Fraktioun net méi onbedéngt géif um Bankgeheimnis festhalen.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Ënnert wat fir enge Konditiounen, sot dat och derbäi. Oder besser, gitt mer emol déi Zitater.

M. Laurent Mosar (CSV).- Ech kann lech notament vun Ärer Fraktiounskolleegin, der Mme Wagener, eng ganz Rei Zitater aus der Commission juridique ginn.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Sicht déi emol no, wann ech glift.

M. Laurent Mosar (CSV).- Ech weess, Här Bausch, dass dat lech net ganz gutt gefällt, dach muss een awer hei festhalen, dass déi gréng Fraktioun net méi onbedéngt um Bankgeheimnis festhält.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Ënnert verschiddene Konditiounen si mer effektiv där Meenung, genau esou wéi de Statsminister. Mir sinn a Solidaritéit mam Finanzminister an deem Dossier, deen ënnert deene selwechte Konditiounen wéi mir och, der Meenung ass, dass een d'Bankgeheimnis fir Steierfroen kann ophiewen.

M. Laurent Mosar (CSV).- Ech mengen awer, dass tëschent dem Statsminister an Ärer Positioun awer nach e kleng Gruef ass.

(Interruption)

Ech kann lech ganz vill Zitater ginn, verstinn awer, dass Der do e bëssen nervös gitt.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Ech gi guer net nervös, verdroe just net, wann een esou eng Behauptung hei opstellt, ouni se ze beleeeën. Den Här Weiler huet d'lescht Woch eng Nummer hei opgefouert, den Här Gibéryen hätt hei Saache gesot, déi en net kéint beleeeën. Dir sidd amgang, datselwecht ze maachen.

M. Laurent Mosar (CSV).- Ech hu guer kee Problem, fir lech déi Zitater ze bréngen.

Dëst ass fir mech ëmsou manner verständlech, well et jo besonnesch déi Gréng sinn, déi ëmmer erëm drop pochen, dass d'Grondrechter musse respektéiert ginn, dëst och besonnesch am Kontext vun der Protection des données. D'Bankgeheimnis ass wirtschaftlech e wichtegt Element vun de Grondwäerter, besonnesch a Bezuch op d'Privatliewen, an dofir kann ech och net novollzéien, Här Bausch, firwat dese Volte-face zustane komm ass.

Meng Fraktioun ass jiddefalls der Meenung...

(Interruptions diverses)

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Kuckt emol de Statsminister, dee kritt nach méi gro Hoer mat deem, wat hei erzielt gëtt.

M. Laurent Mosar (CSV).- Här Krecké, ech gesinn, Dir sidd erwächt.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Wann ech ageschlof wier, da wier ech elo effektiv opgespronge mat deem Quatsch, deen Dir do erzielt. Dat ass wouer.

M. Laurent Mosar (CSV).- Här Krecké, ech hunn lech hei net ugeschwat. Ech kann awer och ganz vill zu deem soen, wat Dir de Mueren hei verzielt hutt, well dat war och net onbedéngt de Glanz.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Hannerun lech hutt Dir ee sätzen, deen ass net frou doriwwer.

M. Laurent Mosar (CSV).- Deen hanneru mir, deen huet absolut kee Problem. Net, Här President! Mä ech muss soen, Här Krecké, wat Dir de Mueren hei vu Kontradiktiounen op den Dësch geluegt hutt, dat war net besonnesch brillant.

Ech kommen op meng Interventioun zrëck, fir nach eng Kéier ze soen, dass meng Fraktioun jiddefalls der Meenung ass, dass d'Regierung, a besonnesch déi zoustänneg Ministere Juncker a Frieden en exzellent Resultat opzeweisen hunn op dësem fir eis Finanzplaz an domat och fir eis Wirtschaft esou wesentleche Punkt.

Meng Fraktioun seet hinnen heimat nach eng Kéier hir voll Ënnerstëtzung zou an dësem net ganz einfachen Dossier, a mir sinn och dervun iwwerzeegt, dass de Koexistenzmodell vu Quellesteier an Informatiouns-austausch nach absolut net iwwerlieft ass, mä och wäert kuerzfristeg op d'Dagesuerdnung zrëckkommen, ob dat elo de franséische Finanzminister zu virile Meenungs-äusserung verleet oder net.

Domat, Här President, wëll ech ofschléissen, ouni net nach eng Kéier menger Iwwerzeegung Ausdrock ze ginn, dass dëst ambitiöst Steiergesetz och an Zukunft wäert eis Banken- a Finanzplaz mëttel- a laangfristeg ofsécheren.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Premier- a Finanzminister Jean-Claude Juncker.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen. Ech géif gären am Ufank vun dëser Interventioun, dem Rapporteur vun dëser Steierreform, dem Här Norbert Hauptert, mäi Respekt a meng Unerkennung soe fir déi aussergewöhnlech talentéiert Aart a Weis, wéi en dee Rapport iwwert dës Steierreform geschriwwen huet.

Fréier bei esou Reformen hate mer ëmmer zwee Rapporteur, dës Kéier si mer mat engem Rapporteur auskomm, an ech weess dofir, wéi vill Aarbecht dass dat war a wéivill sech Eraknéien an eng Matière, déi engem net noutwendegerweis an all hiren Aspekter geleeft ass, dat bedingt, an dofir wollt ech hei soen, dass dat eng aussergewöhnlech gutt parlamentaresch Aarbecht war. Dat ass och vu Kolleeg vum anere Fraktiounen, och vun Oppositiousfraktiounen hei ënnerstrach ginn.

Och géif ech gäre merci soen all deene Kolleegen, déi an der Debatt intervenéiert sinn an déi am Regelfall hei gehalteng Virtrëg iwwer Steierpolitik an alles dat, wat dermat zesummenhängt, gehalen hunn. Ech probéieren, ouni op all Interventioun kënne vereenzelt anzegoen, op dat ze äntwerten, wat hei virgedroe ginn ass, ouni awer dass ech géif de Feeler maachen, deen ech 1990 hei am Parlament gemaach hunn, wéi mir deemools iwwert d'Steierreform debattéiert hunn, wou ech insgesamt 4 1/2 Stonn hei um Pult stong.

Ech hu festgestallt, dass een hei meeschtens nogelauschtert kritt, wann een iwwer Gemenge schwätzt, an net wann een iwwert déi aner Aspekter vun der Steierreform schwätzt. Ech hat deemools net laang

iwwert d'Gemenge geschwat mä iwwert all déi Elementer, déi kontroverséiert waren an där Reform. Dat huet awer net derzou bäigedroen, dass doropshin eng aner Diskussioun am Parlament entstanen wier. Insofern dispenséieren ech mech vun der Reproduktioun vun där Übung, sauf fir ze soen, dass kee Millimeter vun deem, wat ech 1991 am Numm vun där fréierer Regierung zu kontroverse Steierthemen gesot hunn, dës Kéier iergendwéi ee Millimeter dementéiert oder nuancéiert géif ginn. An de wesentleche Grondzich bleift et dat, wat mer an deene leschte Joren hei zesumme gemaach hunn.

Ech sinn e bëssen an enger extraordinärer Situatioun, well den Här Jeannot Krecké mat Nuancen a mat frëndschafleche Links eigentlech mécht, wéi wann déi Steierreform, déi mer haut diskutéieren, e sozialistesche Stempel géif droen, an dass den Här Gusty Graas an anerer eis hei erkläert hunn, et wier eng liberal Steierreform. *Moi je veux bien, verstitt Der!* Ech wëll just drop opmierksam maachen, dass an deene Joren, wou mer elo Steierreforme maachen, vun 1990 bis an d'Joer 2002, d'CSV och an der Regierung war – mä am CSV-Stat mécht ee sech natierlech kleng, wann et ëmsou Saache geet –, an dass ech och e marginalen Undeel vläicht awer hunn un all deem, wat an der Steierlandschaft zu Lëtzebuerg an deene leschten zwielef Joer sech verännert huet. Fir de Rescht sinn ech awer d'accord, fir unzuerkennen, dass keng Partei mech dru gehënnert huet, fir déi Steierpolitik ze maachen, déi mer gemeinsam als richteg ëmfonnt hunn, woubäi och keen huet musse massiven Drock maachen, fir dat, wat mer elo fir d'Joer 2002 an duerno hei decidéieren, an déi Richtung ze kréien, an déi et leschten Enns an engem breede parlamentaresche Konsensverfahre geet.

Et gëtt gesot, dat hei wier keng Steierreform. Dat ass eng Debatt, déi mir eigentlech all Kéier hunn, wa mer eng Steierreform maachen. Wa se bis gemaach ass, gëtt sech ëmmer, als wéi wann et eng Steierreform gewiescht wär, op déi Gesetzer referéiert. Dës Kéier wäert et net anescht sinn.

De Laurent Fabius, deen elo hei den Här Mosar zitéiert huet, huet an engem aneren Zesummenhank gesot – wa mer nach Zäit bleift, kommen ech nach op deen Zesummenhank zrëck –: "La meilleure réforme fiscale est la réduction fiscale". Wann dat d'Erkenntnis ass, zu där d'sozialistesche Finanzministere kommen, an dat därerf een duerchaus als Erkenntnis a sech eruräife loosse, dann ass dat hei eng substanzuell Steierreform, well d'*Réduction fiscale*, d'Steiererlichterung, déi ass substanzuell.

Iwwert dat rengt Ofsenkungsmechanesch un dëser Steierreform eraus ass drop opmierksam ze maachen, dass een de Reformcharakter vun der Reform vun dësem Gesetzesverfahren dorun erkennt, dass zwielef Steiergesetzer an engem Coup ofgeännert ginn. Et geet also wesentlech iwwert eng reng mechanesch Ofsenkung

vun der Steuerlaascht eraus, well eigentlech dee ganze Code fiscal beréiert gëtt vun deem, wat hei zur parlamentarescher Beschlussfaassung usteet.

Wéi ëmmer muss ee bei Steuerreformen oder bei Steuer-
ofsenkungsprogrammer sech iwwert eng Rei vu
Prinzipien am Virfeld verstännege, an déi Prinzipie
muss een och bis un d'Enn vun der parlamentarescher a
konsultativer Prozedur packen.

Ech wëll fir d'éischt emol soen, dass déi Steuerreform hei,
wéi och déi aus deene Jore virdrun, kee Cadeau ass. Ech
liesen heiansdo an iwwerflächleche Betruechtungen, déi
a Lëtzebuerger Dageszeitunge gedréckt ginn, d'Regie-
rung an de Finanzminister géifen esou maachen, wéi wa
se hei dem Vollek géife Cadeaue maachen.

Ech wëll hei nach eng Kéier héchst offiziell soen, dass
mäin Etat d'esprit net deen ass vun engem, dee wëllt
Cadeaue maachen. Ee Finanzminister, dee Cadeaue
mécht, soll sech een anere Beruff sichen. Et ass een net
Finanzminister, fir Cadeaue ze maachen. Et ass ee
Finanzminister, fir dat ze maachen, wat an engem
bestëmmte Moment vum wirtschaftleche Wuessen an
och an engem bestëmmte Moment vum Oflaf vum
Konjunkturzyklus steierpolitesch a wirtschaftspolitesch
muss geschéien. Dofir mécht ee Steierpolitik esou, wéi
se elo gemaach gëtt an net anescht, a kee brauch dofir
merci ze soen.

Hei geschitt dat, wat elo muss sinn, fir dass d'Zukun-
ftschancë vun eisem Land erhalen bleiwen, Zukunftschancen,
déi méi wäit vun eis ewechleien an immédiate
Zukunftschancen. Dofir ass d'Suerg ëmmer a muss
ëmmer sinn, a mat där Opfaassung steet de Finanz-
minister, wéi ech weess, net eleng, dass een d'Finanz-
kapassitéit vum Stat erhält, an dass een net enger
Erosioun vun der besteierbarer Assiette tatenlos nokuckt
ënnert dem Drock vun där, wéi ech zouginn, staarker
Steuerofsenkungslobby, déi sech ëmmer erëm forméiert.

An duerfir fannen ech et eigentlech, obschonn ech
inhaltlech net domat d'accord sinn, ee gudde Reflex vun
der grénger Fraktioun fir ze soen: Mir sinn net bereet,
hei ee positive Vote ofzeginn, well mer fannen, dass déi
Steuerreform eigentlech ze wäit geet.

Ech muss soen, dass et scho manner couragéiert
Einlassunge vu politesche Parteien hei am Parlament ginn
huet, an déi Suerg, déi do an där grénger Wuertmeldung
zum Ausdrock kënnt, ass eng, déi ee muss hunn.

Öffentlecht Handeln erschöpft sech net doranner, fir
méiglechst weenig Belaaschtungen op d'Bierger an op
d'Betriber ofzewälzen. Öffentlecht Handeln ass eng
adequat, gerecht steierlech Ponctioun, esou dass déi
fundamental Aufgabe vum Stat a vum Gemengewiesen
nach kënnen assuréiert ginn. Öffentlecht Handeln a
Regierungshandelen a parlamentarescht Handeln geet
méi wäit wéi steierpolitescht Handeln, ëmgräift vill
aner Sensibilitäten, déi ee muss aus Grënn vun der

Kohärenz an aus Grënn vun der Ambiance an der
Gesellschaft matbedéngen. An dofir fannen ech
schonn, dass dat een, wann och net berechtegt, sou
dach awer richtegen Hiwäis op eng Problematik ass, déi
mech dozou bréngt ze soen – anerer, och den Här
Krecké hunn dat jo ugedeit haut an hire Rieden –, dass
mer de leschte Wupp vun der Fändelstaang elo erreicht
hunn, an dass eigentlech keng aner Steuerreduktiounen
an deenen nächste Jore kënnen op eng kredibel Aart a
Weis an den Erwaardungshorizont gepecht ginn. Dat
mussen d'Betriber och wëssen.

Deen Ofsenkungseffort, deen hei gemaach gëtt, ass an
där Dimensioun do net reproduzéierbar, well mer soss
wierklech géifen an ee Waasser erageroden, géint deem
seng Stréimung mer an Europa dauernd protestéieren,
nämlech dass een net däerf, notament bei der Aart a
Weis, wéi een d'Betriber besteiert, an ee flächendeckende
fiskalen Dumping erageroden, wou een deem anere säi
Feind an der Europäescher Unioun ass.

An ech menge précisément, datt mer dat net hei
maachen aus enger Gesamtreflexioun eraus, déi et net
intelligent ass, hei am Detail duerstellen, well een dat
séier an öffentlecher Debatt ëmgedréint kritt a well eenzel
Secteurs fir sech doraus negativ Meldungsvolumë kënnen
erausliesen. Hei gëtt sech regelméisseg doriwwer beklot,
dass mer an enger vill ze vill staarker Ofhängegkeet par
rapport zum Finanzsektor sinn, an et gëtt sech grad esou
regelméisseg dogéint gewiert, wann een déi Ofhängeg-
keet e bësse méi kleng maache wëllt, doduerch datt een
notament an der Europäescher Unioun sech op gem-
einsam steierpolitesch Weeër mécht, fir eng Rei vu
Verännerunge virzehuelen, déi déi Ofhängegkeet, wann
et net prezis a richtig géif gemaach ginn, kënnte fir eis
dann negativ verklengeren.

Meng Iwwerleeung ass eng einfach: Wa mer et net
fäerdeg bréngen – ech menge mir bréngen et fäerdeg,
mä 't ass net esou einfach, wéi den Här Mosar et hei
erkläert huet –,...

Une voix. - Très bien.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre
d'État, Ministre des Finances.** - ..., zu enger Eenegung ze
kommen, well net nëmmen d'Fransousen an déi däitsch
Regierung eng bestëmmten Haltung hunn, mä dräizéng
Regierungen an der Europäescher Unioun hunn déi
Haltung, a just déi éisträiches an déi lëtzebuergesch
Regierung hunn eng aner, an déi lëtzebuergesch sech
vun där éisträichescher nach doduerch ënnerscheet,
dass Lëtzebuerg ee Finanzzentrum mengt misse mat alle
Mëttelen ze verteidegen, während d'Éisträicher kee
Finanzzentrum ze verteidegen hunn, fir dass een sech
keng Illusiounen mécht iwwert d'Soliditéit vun den
Allianzen, déi mer an Europa gemaach hunn; meng
Iwwerleeung ass also déi, wa mer, wat een net kann
ausschléissen, obscho mer alles richtig maachen, awer
zu enger Verengung vun dem gesamtwirtschaftlechen

Impakt vun der Finanzindustrie op eist Land kommen, dann ass et falsch, mat den Ae vun haut gekuckt mëttelfristeg eng Steierschinn unzeleeën, déi eigentlech just géing virufueren, de Finanzsektor ze protégéieren, mä déi aner Secteure vun der Economie net géif an hirer Steuerbelaaschtung no ënnen ofsenken.

An dofir muss een eng Steuerlandschaft kréien, mat neie Betriber; virun dräi Joer hätt nach jiddereen oncontestéiert gesot: déi aus der New Economy; 't sinn awer net déi, déi ech mengen, ech hunn d'ailleurs ni fir se plädéiert, där Zitater gëtt et net.

Souguer den Här Gibéryen ka mer keen Zitat weisen, dass ech d'New Economy hei...

(Hilarité)

...héichluewe gelooss hätt, obschonn ech feststellen, datt déi Zitater, déi hien hei op dem Büro vum Här President hannerleet, eigentlech dat bestätegen, wat den Här Weiler gesot huet a net dat, wat hie gesot huet, aus der Erwaardung eraus, dass natierlech kee bei den Här Spautz kucke kënn, wat den Här Gibéryen hei op dem Pult hannerluegt huet.

(Hilarité)

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här Statsminister, dat stëmmt awer elo net.

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Den Här Gibéryen kennt Är Dreem.

Mme Nelly Stein (CSV). - Den Här Gibéryen ass net do.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Finances. - Den Här Gibéryen ass net hei, duerfir wëll ech net mam Här Henckes doriwwer schwätzen, well ech ginn dovun aus, dass den Här Gibéryen sech net genau erëmfënnt a senger innerer Befindlechkeet, an ech trauen lech, bei allem Respekt fir Ären duerchdréngende Bléck, net zou...

(Hilarité)

..., dass Dir déi intiimste Sphär vum Här Gibéryen sengem politeschen Denken kënn auslichten, dofir wëll ech lech net domat belästegen a belästen mam Här Gibéryen sengem Denken, awer ech wollt jo net iwwert den Här Gibéryen schwätzen an eigentlech och net iwwer lech, mä iwwert d'Noutwendegkeet, déi een huet an der Breet vun eiser Steuerlandschaft, wat gläichzäiteg d'Breet vun der wirtschaftlecher Infrastruktur a Struktur ze Lëtzebuerg heescht, zu Ofsenkungseffekter ze kommen, déi d'Kompetitivitéit vun dem Standuert Lëtzebuerg verbessern, fir dass mer net nëmmen op ee Sektor an eiser Economie ugewise ginn.

Mir brauchen an eiser Economie ee staarke Mëttelstand, an duerfir kënn et hei zu enger massiver Ofsenkung vun der steuerlecher Belaaschtung vum Mëttelstand. Mir sinn een industrielle Standuert, a mir müssen eng Steuerland-

schaft offréieren, déi och fir industriell Aktivitéiten steuerlech Uräizer genuch schaaft, fir dass déi sech zu Lëtzebuerg implantéiere kënnen, respektiv déi, déi do sinn, déi Zousaz- an Erweiterungsinvestitiounen zu Lëtzebuerg maachen, déi mer brauchen, fir sécherzestellen, dass industriell Aktivitéit stattfënnt.

Mir brauchen eng gönschteg Steuerlandschaft, fir dass Betriber aus dem Beräich vun der Medienindustrie a vun aneren nei orientéierten Aktivitéitsfelder vun der Wirtschaft zu Lëtzebuerg genuch Interessenspunkte fannen, fir sech hei zu Lëtzebuerg néierzeloossen oder respektiv hei ze Lëtzebuerg auszebauen. Dofir mussen mer déi Steuerreform notament och maachen, fir eis aus einseitigen Unilateralen, wat datselwecht ass wéi Ofhängegkeeten, erauszebewegen; net fir déi Ofhängegkeet, déi objektiv, onbedéngt ze zerstéieren, mä fir gewappnet ze sinn deen Dag, wou déi staark Lienen tëschent Finanzsektor an öffentlechen Haushalten eng Kéier géife riskéieren zesammenzebréchen.

Dofir brauch de Stat sou eng Steuerreform wéi déi heiten, an aus genau deem Grond brauchen d'Gemengen d'Steuerreform; esou, genau esou an net mat Ofstrécher, well d'Gemenge sinn déi Éischt, déi brutal aus der Nues géife bludden, wann de Finanzsektor zu Lëtzebuerg géif zesummebréchen, an all Politik, déi gemengefrëndlech ass, schéisst sech an déi Linnen a vun dëser Steuerreform, well se och de Gemengen hir Ofhängegkeet, hir exklusiv Dominanz an de kommunale Finanzen duerch de Finanzsektor probéiert doduerch ze bréchen, dass mer hei aner Ressorte vu Rebondissement fir de Stat a fir d'Gemengen an anere Secteure vun der nationaler Economie uleeën. Dofir heescht et, d'Finanzkapassitéit vum Stat zu erhalen an am richtege konjunkturelle Moment agräifen, an dëse Moment ass dee richtege, esou wéi 1991 a wéi 1998.

Opground vun enger virsiichteger Finanzpolitik, déi heibannen ëmmer contestéiert gëtt, mä wou jiddfer Mënsch doriwwer frou ass, dass se sou an net anescht gefouert ginn ass, hu mer Margen, an engem Moment Steuern ofzesenken, wou déi aner Länner eigentlech keng Steuerofsenkunge kënnen maachen, well se op déi Steuereinnahmen net kënnen verzichten, mä déi se brauchen, fir ënnert dem Androck vun der Wirtschaftskris, déi déi Länner vill méi staark affektéiert wéi eist, alleguer déi sozial Leeschtungen, notament am Beräich vum Chômage kënnen ze bezuelen, an duerfir mussen se hir Finanzmëttelen notzen. Si kënnen se net notzen, fir Steuern erfzesetzen.

Och mat enger gläichwäerteg héijer Indemnisation vu Chômage, dee mir jo och hunn, schaaft ee keng nei Aarbechtsplazen. Nëmme mat enger Ofsenkung a Richtung vu Profiléierung, vu Kompetitivitéitszouschnëtt vun de steuerlechen Arrangementer bréngt een et fäerdeg, d'Wirtschaft um Goen ze halen an den Aarbechtsmaart lafen ze loossen, an duerfir hu mer déi

Reserven, déi mer ugeluegt hunn, elo kënnen abréngen, fir an dësem Moment vun der internationaler Konjunktur déi Ofsenkung do ze maachen. Aner Länner kënnen, jiddferen aus deem Gaart eraus an deem e pléckt, dat de Moment net maachen.

Dat ass awer nëmme méiglech gewiescht, well trotz vill Awänn an deene leschten 20 Joer eng Finanzpolitik gemaach ginn ass, déi Ausgabe finanzéiert huet iwwer Steiererhéijungen, wann et huet musse sinn, an déi einfach der Spiral vun der totaler Verscheldung, wéi eis Nopeschlänner dat gemaach hunn, bewusst de Réck gekéiert huet an ëmmer nee gesot huet, wa probéiert ginn ass, öffentlech Ausgaben iwwert d'Ophuele vun enger massiv wuessender öffentlecher Schold ze bestreiden. Öffentlech Schold an deene leschten 20 Joer géif heeschen, dass mer haut keng Ofsenkung vun der Besteuerung vun de physische Persounen a keen Ajustéiere vun der Steuerlandschaft fir Betriber kënnte maachen. Duerfir sinn dat Saachen, déi zesummeginn, d'Budgetspolitik, d'Finanzpolitik an d'Steierpolitik, an duerfir muss een dat op der ganzer Period betruechten, wou mer steierpolitesch un d'Reformwierk gaange sinn, dat heescht vun 1990 bis haut, fir feststellen, dass awer eng Rei vu wiesentleche Saache geschitt sinn, andeem sech och ëmmer u gläichméisseg staarke Prinzipiesetzungen orientéiert ginn ass, wéi beispillsweis där bei de physische Persounen, dass een d'Bäitragfäegkeet huet musse respektéiere vum eenzelne Steierzueler, wat gläichzäiteg een Hiwäis op d'Sozialhaltegkeet vun deene Reformen a vun dëser Reform ass.

Mir hunn elo zu Lëtzebuerg eng Steuerlandschaft – mir haten se och schonn zu engem ganz groussen Deel an deene leschten zéng Joer – , wou déi Leit, déi net vill verdéngen, keng Steiere bezuelen a wou déi Leit, déi vill verdéngen, progressiv uwuessend ëmmer méi Steiere bezuelen, wat deen ideale Profil vun der organisierter Solidaritéit an enger Gesellschaft ass.

Ech fannen eigentlech, dass dat remarkabel Virgäng sinn, wann een sech emol ukuckt, wou mer hierkommen. 1990 hate mer nach eng Situatioun, wou an der Steuerklass 1, dat heescht an där vum Jonggesell, eng Steuer ugefall ass vun 170.400 Frang un a vun 340.800 Frang u bei deene bestuetene Leit. Vum Joer 2002 u klëmmt dat op ronn 400.000 Frang fir ee Jonggesell an op ronn 800.000 Frang fir bestuete Leit. Dat heescht, de steuerfräie Minimum, also deen net vum Stat a vum Fiskus tangéierten Akommesminimum, huet sech ëm 130,8%, – wann der wëllt geet mer 130% och duer –, no uewe beweegt, mat der evidenter Konsequenz, dass iwwer all déi Joren ëmmer méi Leit an d'Berufsliewen an an d'Akommessituatiounen eragewuess sinn, ouni datt se nach Steiere bezuelt hätten.

Ech héieren dann elo hei: "et c'est un mauvais procès", dass déi Steuerreform sozial ongerecht wär, well een näischt kënnt maache fir déi Leit, déi keng Steiere géife

bezuelen. Nu mengen ech awer, dass déi Politik vun deene leschte Jore fundamental richtig war fir déi Leit, déi net vill verdéngen, besonnesch jonk Leit, déi ufänken ze schaffen, jonk Geschäftsleit, jonk Salariéen, well een deene méiglechst schounend steierlech begéint a se net iwwerméisseg an hirer Leeschtungsfaegkeet an an hirer Leeschtungsfreed strofe geet, wann se e puer Su verdéngen.

Et wier natierlech mam Bléck vun haut méi richtig, mir hätte méi lues déi steuerfräi Minimaen ugehoff, dann hätte mer dat elo nach eng Kéier kënne maachen. Mir maachen et jo och elo nach eng Kéier, mä doduerch, datt mer awer elo schonn op engem Niveau ukomm sinn, deen awer remarkabel ass, mat – bestuet – 800.000 Frang besteierbaart Akommes, fannen ech awer, datt mer ee soziale Wee gemaach hunn, deen awer considéierbar ass, well et gétt kee Land an der Europäescher Unioun, wou déi net sou gutt bezuelten Aarbecht a wou déi onqualifizéiert Aarbecht esou wéineg besteiert ass wéi heiheim, an eng vun den Ursaachen iwwregens an niewebäi bemierkt, fir datt mer zu Lëtzebuerg ee Chômage hunn, deen net esou héich ass wéi am Ausland, ass, dass zu Lëtzebuerg virun allem mëttelstännesch Betriber an och anerer kënne sou genannten onqualifizéiert Leit astelle mat engem relativ héije Bruttorevenu, dee praktesch hirem Nettorevenu entsprécht, dat heescht datt engem Betrib keng "onméiglech" Lounkäschten, onméiglech wann ech glift tëschent Gänseféissercher, doduerch entstinn, dass hien onqualifizéiert Personal géif astellen, dat heescht dass et och aarbechtsmaartpolitesch betruecht dee richtegen Zouschnëtt – vum Tailoring – vum Steiertarif ass.

Et gétt gesot: Dat ass net sozial. Da muss een awer emol kucken, wat dann an den Nopeschlänner lass ass, wou manner Reaktionärer um Wierk sinn.

M. Jean Asselborn (LSAP). - Ëmmer méi.

(Hilarité)

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Finances. - Jo, de Fortschrëtt war eng Zäit net ze bremsen, an elo huet en sech ausgeleiert, Här Asselborn. Dat hänkt um Fortschrëtt, net un de Leit, niewebäi bemierkt. An Däitschland bezilt ee Steiere vun 300.000 Frang un, an zwar bezilt een do 15%. Zu Lëtzebuerg bezilt ee Steieren, ech si beim Jonggesell, vu 400.000 Frang un, an zwar bezilt een do 8%. An der Belsch bezilt de Jonggesell Steiere vun 262.000 Frang un, an zwar 25%, an zu Lëtzebuerg vu 400.000 Frang un 8%. A Frankräich, dat ass jo net iergendee Land, do bezilt ee vun 166.241 Frang u Steieren als Jonggesell, an zu Lëtzebuerg vu 400.000 Frang un, a souguer bezilt een do 8,25% an net wéi zu Lëtzebuerg 8% bei méi wéi zweemol sou héijem Usaz.

Dat heescht, wann am Ausland iwwer negativ Steiere geschwat gétt – ech wollt dat just nach eng Kéier soen,

fir dass déi Saache klor sinn –, schwätze mer iwwer ee ganz anere Problem, wéi wa mer zu Lëtzebuerg driwwer schwätzen. Wann ech e Lëtzebuerger Arbeitnehmer vergläiche mat engem franséischen, dann huet ee Lëtzebuerger Arbeitnehmer iwwer 166.241 Frang scho seng Negativsteuer zu Lëtzebuerg kritt duerch d'Steierpolitik.

Elo sinn ech net dergéint, dass mer dat verfeinere. Ech hu jo och de Wirtschafts- a Sozialrot gebieden, doriwwer nozedenken, iwwregens an deem Sënn wéi den Här Krecké dat de Muere vun der Regierung angemahnt huet, an da kucke mer eis dat alles un, mä et muss een awer wëssen, dass d'Negativsteuer zu Lëtzebuerg zweemol erreecht ass: eng Kéier duerch e massiivt Unhiewe vun de steierfräie Minimaen an eng zweete Kéier duerch eng intelligent Fassong, fir d'garantéiert Mindestakkommes zu Lëtzebuerg ze organiséieren. Dat ass nämlech eng Form vun Negativsteuer grad fir déi, déi et am néidegsten hunn, an dofir soll een déi Diskussioun iwwert d'Negativsteuer mat engem Grapp vu Salz huelen, wann een doriwwer diskutéiert.

Natierlech hu mer och de marginale Spëtzesaz erofgesat op 38%, grad wéi mer déi duerschnëttlech Steuer vun de Betriber op ronn 30% festgesat hunn. Do liesen ech och Erstaunlech an deenen Zesammenhäng, well gesot gëtt vu Strukturkonservativen a vu fortschrittlech Opgereegten, dat wier jo déi falsch Politik, well mer domat géife bewosst op e Stat zoudreiwen, well mer d'Wirtschaftskräfte géifen dynamiséieren, déi eng onwahrscheinlech Bevölkerungsexplosioun zur Folleg hätten, an da kënnt dat Reizwuert vum 700.000-Awunner-Stat direkt op.

Dat muss ee sech dann emol an aller Rou ukucken. Wa mer d'Steiere stoe loossen, wou se haut stinn, souwuel fir d'Privatpersounen wéi fir d'Betriber, da ginn natierlech Wuesstumskräften, déi an der Zukunft leien, ofgebremst an da wäerte mer net e Wirtschaftswuesstum hu vu 4% d'Joer. Dat ginn ech lech schrëftlech op all Salztut, déi iergendwou zur Verfügung steet.

Wa mer gäre 4% Wirtschaftswuesstum an deenen nächste Joren hätten, da muss dës Reform gemaach ginn – mat liichten Ofweichungen kënnt se och gemaach ginn –, mä an der Grondtendenz misst et eng Reform si vun dësem Zouschnëtt.

A jiddfereen, deen der Meenung ass, manner wéi 4% Wirtschaftswuesstum géifen eigentlech duergoen zu Lëtzebuerg, well d'Bevölkerung wësst jo méi lues, well d'Wirtschaft méi lues wësst, dee ka soen, déi Reform hei, déi läit net richteg, mä jiddfereen, deen zesumme mat villen aneren um Rentendesch déi Décisioun gehollef huet erbäiféieren, déi jo och allgemeng approuvéiert gi sinn, weess jo, dass an der Etüd vum BIT A plus B geschriwwen steet, dass et muss 4% Wirtschaftswuesstum ginn, well soss näischt méi opgeet an der zukünftiger Finanzéierung vun de Renten, a weess och, dass do

geschriwwen steet, an dat ass déi beschte ënnerschloenst Säit aus der rezenter Nokrichsliteratur zu Lëtzebuerg, dass mer müssen op een Aarbechtsmaart kommen, deen à terme am Joer 2050 ronn 700.000 Leit zu Lëtzebuerg wäert als Populatioun hunn.

Dofir ass et net, fir sech d'Liewen einfach ze maachen, andeem ee seet, dat wieren dem Juncker seng 700.000 Leit. Et sinn d'700.000 Leit vun all deenen, déi um Rentendesch jo gesot hunn zu deem, wat do um Dësch long, well dat sinn d'Basiszuelen, déi alles dat bedingen a méiglech maachen, wat do soll geschéien.

M. Jean Asselborn (LSAP). - Dat stëmmt awer net, Här Statsminister.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Ech maache mer déi 700.000 Leit net zu Eegen. Fir mech ass dat keng Zilvirstellung. Fir mech ass dat och keng Wonschvirstellung. Et ass och keen Dram.

Une voix. - Et ass eng Drohung!

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Fir mech ass dat och keng Drohung, well ech trauen eis fundamental zou, dass mer esou ee Problem bewältegen, wat Integratioun ubelaangt, wat Ëmschichtungen an eiser Gesellschaft ubelaangt, wat d'Matenee vu Lëtzebuerger a vun Net-Lëtzebuerger ubelaangt, wat d'Matenee vu Lëtzebuerger a vu Net-Lëtzebuerger ubelaangt, wat d'Ausrichtung vun eiser Schoulwiesen ubelaangt, fundamental trauen ech eiser nationaler Communautéit zou, dat ze packen.

Wougéint ech just eng Kéier oséiert hunn ze protestéieren ass, dass ech bewosst a Richtung vun enger Politik plädéiert hunn, wou ee muss 4% Wirtschaftswuesstum hunn an eng massiv Expansioun vum Aarbechtsmaart, wann ee wëllt am Beräich vun de Renten a Pensiounen an esou eng Richtung goen. Et muss een dann och déi steierpolitesch Konsequenzen aus esou engem Akt zéien, an déi steierpolitesch Konsequenzen, déi sinn an dësem Projet de loi gezunn.

Elo sinn ech deen éischten, dee seet, wa mer dee 700.000-Stat net wëllen – ech kann nämlech ganz gutt liewen an engem Stat, wou dat net ass –, da musse mer iwwer aner Weeër vu Finanzéierung vun der Sécurité sociale nodenken, wat natierlech jiddferee bejahend benickt, mä wouriwwer et awer wéineg Iddie gëtt, well iwwerall do, wou probéiert gëtt, aner Weeër ze goen, sinn d'Finanzéierungskanal total ausernee gefuer. Dofir gëtt et eigentlech bis auf Weiteres keen anere Wee wéi iwwer Cotisatiounen, woubäi ech mir wënschen, dass ee bei der Reflexioun driwwer, wéi een dat kann anescht organiséieren, eng Rei vun imaginativen Efforten awer mécht, well ech à terme net mengen, dass een nëmme kann Aarbecht belaauchten, wann ee wëllt Pensiounen organiséieren, an dofir muss een doriwwer selbstverständlech nodenken.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Här Statsminister, wat Der gewollt hutt, dat war jo de Rentendesch.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Jo!

M. Jean Asselborn (LSAP).- Bon. Wann Der sot, déi 700.000 Awunner wëll ech net, wéi hätt Dir lech da kënnen d'Resultat vum Rentendesch virstellen, fir net brauchen op déi 700.000 Awunner hinzesteieren?

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Ech zéien aus deem, wat Der sot, Här Asselborn, emol d'Schlussfolgerung, dass Dir der Meenung sidd, dass dat, wat um Rentendesch décidéiert ginn ass, bedingt, dass mer a Richtung 700.000 ginn an dass mer also déi Wuesstumsprognose brauchen, vun deenen ech hei amgaang sinn ze schwätzen, an déi dës Steuerreform soll erméiglechen erbäizeféieren.

Weider wollt ech effektiv de Rentendesch net fir d'Leit ausernee ze dreiwien, wéi Dir dat an öffentlecher Ried, an öffentlechen Aufsätz itérativement geschriwwen hutt, mä fir een Accord ze kréien op engem Dësch, un deem politesch Parteien an d'Gewerkschafte bedeelegt wieren. Deen Accord ass jo och do zustane komm. D'Konsequenz dovun ass, dass ee muss iwwert d'Maitrise vun dem sou genannten 700.000-Awunner-Stat nodenken, wéi een dat mécht, wat een anescht kann tesselen.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Et war och scho Wuesstum hei virum Rentendesch.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Et besteet eng quasi ökumenesch Bereitschaft an der Lëtzebuerger politescher Klass, fir kee Lien ze etabléieren tëschent der Politik engersäits an de Renten andersäits. U sech hunn déi Gréng awer nach am meeschten op dee Lien insistéiert. Selbstverständlech ass et Wuesstum virdru ginn, mä wann ee seet aus enger Rei vu Grënn, esouvill Wuesstum ass eigentlech net noutwendegerweis an alle Bezéiunge wëschenswäert, an esou eng Aarbechtsmaartexpansioun ass vläicht net an alle Bezéiunge wëschenswäert, wat ech eigentlech esou gesinn, dann däerf een net am Beräich vun de Renten eng Politik ustriewen, déi een obligéiert, dat ze maachen, à moins et hätt een eng schlësseg Virstellung iwwert eng Ëmfinanzéierung vun der Sécurité sociale, Exercice, un deem ech mech ganz gäre géif bedeelegen, mä deen Discours fir ze soen, hei wëllt een de Leit mat 700.000 Awunner Angscht maachen an déi aner sinn zoustänneg fir d'Renteverbesserung, deen Discours wollt ech just eng Kéier frëndlech hei als Niewesaz soen, dee wäert net duerchgoen.

Il y a un lien. Iwwert dee Lien muss ee schwätzen, an ech sinn iwwerhaupt net der Meenung, dass mer et net géife fäerdeg bréngen, esou ee Prozess ze dominéieren an ze

maîtriséieren. Ech hätt just gären, dass an deene richtigen Zesammenhäng iwwert dee Prozess diskutéiert gëtt a wollt eigentlech drop opmierksam maachen, dass d'Steuerreform mat all deem leschtendlech ze dinn huet, well jo oft gesot gëtt, wa mer gäre manner Wuesstum a manner Aarbechtsmaartexpansioun hätten, dierft een esou eng Steuerreform net maachen. Dat hei ass eng, déi eigentlech just derzou féiert, dass mer eng duerchschnëttlech Profiléierung vum Wuesstum vu 4% kréien. Dofir huet een hei missen deen Hiwäis maachen.

Zu dem Thema Negativsteuer géif ech och nach gäre soen, well och den Här Krecké dat de Mueren hei doctement et amicalement exposéiert huet, dass ee selbstverständlech muss de Lien gesinn tëschent der direkter Steuer, déi mir ophiewen, an der indirekter Steuer, déi mir ophiewen.

Wat hëlleft dat mer, wann ech negativ Steieren ënnert Form vu Subventiounen un d'Haushalter bezuelen, wann déi Haushalter, wann et fäerdeg ass, manner kréie wéi dat, wat se netto zu Lëtzebuerg hunn, nodeem de steierfräie Minimum an d'Luucht gesat ginn ass, mä awer eng TVA musse bezuele vun 18 oder 19%, wéi dat an der Belsch ass, wéi dat a Frankräich de Fall ass. Dann ass déi Politik, déi mer hei, esou hat ech dat verstanen, eigentlech zesummen ëmmer gemaach hunn, fir déi direkt Persounbesteuerung a Richtung Kompetitivitéit a Leeschtungsstäerkerung sech entwéckelen ze loosse, dann ass déi Politik richteg a Kombinatioun mat enger niddreger indirekter Steuerbelaaschtung am TVA-Beräich an am Acciseberäich. Mir sinn dat eenzegt Land an Europa, wou Liewensmëttel mat 3% besteiert ginn. An Dänemark ginn déi mat 25% besteiert. Dat ass awer net déi sozialgerecht Welt, déi ech mir wënschen.

Dat heescht, fir déi direkt Steuerlandschaft esou auszeriichten, wéi mer elo amgaang sinn, a gläichzäiteg ze probéieren, déi indirekt Belaaschtung niddreg ze halen, dat ass déi richteg Politik, well am Ausland, do wou negativ Steiere probéiert gi sinn – et ass jo elo just e klengt franséisch Beispill do –, sinn déi Leit, déi dovu profitéieren, nettoméisseg betruecht, manner gutt dru wéi d'Arbeitnehmer zu Lëtzebuerg, wann ech d'Kombinatioun vum Net-Besteieren am direkte Beräich huelen a vu relativ niddreger Besteuerung am indirekte Verglach am Verglach zu deem, wat an anere Länner geschitt. Dat ännert awer näischt drun, dass mer an aller Grëndlechkeet mussen iwwert déi Froen do schwätzen.

Här President, et wär selbstverständlech nach munches ze soen. Ech hunn hei laang Ziedelen, déi ech awer mat Rücksicht op d'Stëmmung net virdroen, wat d'Gemengen déi lescht Joren alles u Kompensatioune kritt hunn. Dat liest sech wéi eng eenzeg Iwwerkompensatioun. Dat hat ech schonn de Kollege vum Syvicol eng Kéier virgedroen. Dofir wëll ech dat net nach eng Kéier hei maachen, well och no deene steierleche Modifikatiounen, déi an de leschte Jore geschitt sinn, ass de Revenu vun de Gemengen

selbstverständlech net zrëckgaangen, obschonn all Mënsch, Eenzelner och vun deenen, déi haut hei geschwat hunn, deemools hei op der Tribün gesot huet, elo géif et bei der Däiwele goen. Et ass awer net bei der Däiwele gaangen, an et geet och dës Kéier net bei der Däiwele. A wann et bei der Däiwele geet, Här Gira, da gi mer zesummen an d'Hell. Ech begleeten lech ganz gären. Ech wär net deen éischte Chrëschtendemokrat, deen an der Hell géif landen. Ech géif gutt Kënneger do erëmbegéinen. Ech gi mat lech an d'Hell. Ech ginn och mat lech duerch d'Hell.

Ech soen lech just, wa mer de Steierniveau loosse wéi en ass, da verléieren d'Gemengen a véier oder fënnef Joer mat Sécherheet een Deel vun hire Revenuen, während déi Kompensatiounen, déi mir an deene leschte Jore gemaach hunn, sech, op d'Joer 2002 bezunn, selbstverständlech esou presentéieren, dass eleng dat, wat duerch déi Kompensatiounen komm ass, méi ausmécht wéi den Ausfall vun deem, wat elo hei entsteet. Dofir, mengen ech, dass dat alles net esou schlëmm gëtt, wéi et hei annoncéiert gëtt.

Fir de Rescht hunn Diskussiounen tëschent dem Stat an de Gemenge stattgefannen iwwert alleguer déi Punkten, och déi, déi den Här Mars Di Bartolomeo hei ugereit huet, notament e méi staarkt staatléicht Upaken an deene Gemengen, déi wuesstumswëlles sinn, notament wa se Ustrengungen am Beräich vum Logement maachen, am infrastrukturelle Beräich an am edukative Beräich, wou ganz vill Käschten ufalen. Et ass evident, dass de Stat do muss, wann en eng Politik wëllt, wou d'Gemenge mussen hëllefen, selbstverständlech se och muss um finanzielle Plang méi staark ënnerstëtzen, wéi dat haut de Fall ass. Dat hat ech schonn eng Kéier hei op der Tribün gesot. Dat bleift och nach ëmmer richtig.

Elo feelt mer wierklech d'Zäit, fir mam Här Mosar eng Promenade vu Laeken op Feira ze maachen. Ech wëll just soen: Diplomatie, Här Mosar, beschränkt sech net op Fiskalitéit an op de Siège. C'est de courte vue, fir dat ze mengen. Dat wat mer do an Europa wëlle maachen, dat ass net, dass d'Lëtzebuerger herno an der Geschicht zrëckbleiwen als déi lescht bekannte Mohikaner vum Bankgeheimnis. Mir wëllen do eng Politik maachen, déi richtig ass, a richtig ass se, dass wa mer a Richtung vun Ofschafe vum Bankgeheimnis a vun Astieg an Informatiouns Austausch kommen, dass mer dat nëmme kënne maachen – finalement hutt Dir jo och soss näischt gesot –, wann och anerer, eis comparabel Finanzplaze vun Drëttstaaten, matmaachen, mä et muss een awer der Korrektheit halber soen, dass zu Feira decidéiert ginn ass, déi ofhängeg an associéiert Territoire missten déiselwecht Steierregelen hunn an d'Drëttstate misste gläichwäerteg Steierregelen hunn.

Nuance soen der Dräizeng an Europa: Si soen, si géife Feira ëmsetzen, a mir soen, mä mir hunn awer hei aktéiere gelooss, gläichwäerteg géif gläich heeschen an

deem ganz konkreten Zesammenhang do. Elo sinn d'Lëtzebuerger amgaang deenen dräizeng anerer ze soen, Dir haalt lech un näischt, an déi dräizeng anerer soen de Lëtzebuerger an Éisträicher, si géife sech un näischt halen. Fundamental hätte mer gären, dass mer zu enger Léisung kommen, wou soit d'Schwäiz matmécht op deemselwechten Instrument, nämlech dem Informatiouns Austausch oder wou mer, duerch Zrëckgoen an d'Logik vum Koexistenz-Modell, mat enger Quellesteierléisung hei kommen, mä sech virstellen, dass zu Lëtzebuerg et bei der Net-Kapitalbesteuerung géif bleiwen, esou wéi et haut ass, ass eng Virstellung, där ech mech net uschlëssen.

Ech hätt gären, dass Kapitalertrag an Europa, an domat och zu Lëtzebuerg, adequat besteeft ginn. Et ass eng Fro vu Gerechtigkeitslücke am Steierwiesen. Ech weess, dass dat Lëtzebuerg eng Zäit laang eppes profitéiert huet, mä mir si méi wéi eng Finanzplaz, daitlech méi.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4855 a mir stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 14 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, da kéime mer elo zum Vote iwwert de virleende Gesetzestext.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen.

De Projet de loi ass ugeholl mat 45 Jo-, 6 Nee-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Lucien Clement), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Ady Jung), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Willy Bourg) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Simone Beissel), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. Xavier Bettel);

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi.

Ont voté non: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jean-Pierre Koepp).

Gëtt d'Chamber d'Dispenz vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da kéime mer zum Vote iwwert d'Motiounen.

Motion 1

D'Motioun 1 ass vum Här Jacques-Yves Henckes agereecht ginn. Dir hutt se textuell virleien.

Här Henckes?

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Ech wollt just e klengt Wuert soen. Ech hunn déi Motioun hei jo schonns exposéiert. Ech wollt awer nach eng kleng Reaktioun maachen op déi Aussoen, déi den Här Statsminister virdru gemaach huet an drop hiweisen, datt en ëmmer de 700.000-Awunner-Stat a Relatioun bréngt mam Rentendësch.

Et wonnert mech, datt en déi Relatioun net fäerdeg bruecht huet, wéi mer iwwert de Pensiousregime vun de Statsbeamte geschwat hunn, deen nach 40 Joer soll lafen. Do si ganz aner Montanten am Spill.

M. le Président.- Mir stëmmen also of iwwert déi virlelend Motioun.

Ass ee Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

Mir stëmmen also elo elektronesch of iwwert d'Motioun vum Här Henckes.

Vote

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen.

D'Motioun ass verworf mat 53 Neen- a 7 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jean-Pierre Koepp).

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Lucien Clement), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Willy Bourg) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu,

MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Simone Beissel), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. Xavier Bettel);

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jean Asselborn), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jos Scheuer), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

(Interruptions)

Da komme mer zur Motioun 2, déi den Här Laurent Mosar agereecht huet.

Motion 2

Déi Motioun läit lech vir. Si ass explizéiert ginn.

(Interruptions)

Den Här Krecké kritt d'Wuert dozou.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här Chamberpresident, ech fannen, dass déi...

Et gëtt ee schonn hees mat där Geschicht hei!

Ech fannen, dass dem Här Mosar seng Motioun wuel Elementer huet, déi richteg sinn, mä et sinn der e ganze Koup, déi en net dran huet. En huet beispillsweis och net déi dra vun deene grénge Kolleegen, an et sinn och nach aner Instrumenter, déi méiglech sinn.

Dofir wäerte mir eis enthalen, well mer eis net wëlle bannen un eng eenzeg Approche, déi elo hei énoncéiert ass.

M. le Président.- Den Här Stats- a Finanzminister Jean-Claude Juncker huet d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Här President, zu där Motioun vum Här Mosar wollt ech soen, dass ech dohannert de Versuch gesinn, d'Regierung zu engem breet ugeluegtenen Denkprozess ze incitéieren – fir dat emol mat engem net propperen Term ze soen –, iwwert een Nofolginstrument fir déi sou genannte Loi Rau nozedenken.

Dat hu mer gemaach, an dëser Reform schonn, mat deem ganzen Instrumentarium, wat mer am Beräich Sousazpensiounen ugeluegt hunn, wat produktméisseg Gestaltungselementer genuch enthält, fir deem Usproch kënnen ze geroden.

Et ass eng Gesetzespropositioun vum Kolleeg François Bausch gemaach ginn am öko-ethesche Beräich, wann ech dat emol sou därerf zesummefaassen, wouriwwer ech mech och eng Kéier an deenen nächsten Deeg mam Här François Bausch ënnerhalen.

Et gëtt aner Iddien, déi gemaach gi sinn, an ech géif lech bieden, dem Här Mosar seng Motioun, déi selbstverständlech Mériter huet, esou ze begräifen, dass dat keng zoue Motioun ass, mä dass een och iwwert alleguer déi aner Pisten, déi genannt gi sinn, soll nodenken.

D'Regierung liest jiddferfalls d'Motioun duerch. Ech weess och, dass den Auteur vun der Motioun se esou wollt verstane wëssen, wéi den Här Krecké se a senger Interventioun erweiert huet.

Merci.

M. le Président. - Et freet den Här Henckes d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Motioun geet an dee Sënn eran, wou ech schonn eng Question parlementaire gestallt hat virun engem Mount.

(Interruptions)

Dat ass nun eben esou.

Une voix. - Dir sidd Ärer Zäit ëmmer viraus!

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Ech gesinn, dass dat eng berechtigt Suerg ass. Déi Pist, déi hei opgedroen ass, dat ass eng.

(Interruptions)

Mir selwer wäerten och eng Proposition de loi erabréngen, fir ze kucken, wéi mer onse Betriber kënnen entgéintkommen. Ech wier frou, wann alleguer déi Propositionen, déi an déiselwecht gutt Richtung ginn, dass déi kënnete berücksichtegt ginn. Mä dofir wäerte mer ons och bei dëser Motioun enthalen, mat der Bemierkung, dass ons Proposition de loi méi wäit geet.

(Hilarité et interruptions)

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Nodeem wat den Här Finanzminister elo gesot huet, wat mer alles missten dra liesen, wat awer net dra steet, sinn ech der Meinung, dass een au même titre wéi déi aner Saachen dat hei soll elo an d'Finanzkommissioun verweisen.

Dann ass keen Zweifel méi drun, dann hu mer Zäit fir driwwer ze schwätzen. Au même titre wéi all dat anert. Well, et deet mer Leed, ech liesen net alles dat do dran. Et ass nëmmen een Element, an dofir wier ech frou, dass dat d'selwecht géing behandelt gi wéi dem Här Bausch seng, an och anerer, da schwätze mer an der Finanzkommissioun driwwer.

Une voix. - Très bien.

M. le Président. - Den Här Bausch freet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Här President, ech si frou, dass sech esou vill Suerge gemaach ginn ëm meng Iddi, déi ech lancéiert hu virun e puer Wochen.

Ech muss awer allerdéngs soen, den Här Haupt hat...

(Interruptions)

...scho virdru mat mer geschwat, an ech hat eigentlech zwar och dee Passus, deem hei steet, à savoir

"l'encouragement des particuliers à l'investissement économique en-dehors des structures classiques de l'épargne bancaire", esou verstan.

Ech hunn awer elo, mat all deene Varianten, déi hei proposéiert gi sinn, kee Problem, mech an déi anzefügen. Sief et, dass mer dat hei an der Finanzkommissioun nach eng Kéier diskutéieren, oder hei och ofstëmmen. Ech ka mat alle Variante liewen, vu que dass et jo awer zimlech kloer ass, dass all Varianten, dat heescht inklusiv och déi, déi ech gemaach hunn, mat sollen analyséiert ginn.

(Interruption)

M. le Président. - Den Här Krecké proposéiert, fir se un d'Finanzkommissioun ze verweisen. Ass dat d'Meenung vun der Chamber?

Wien ass do derfir?

(Interruptions)

M. Laurent Mosar (CSV). - Jo. Ech wollt do nach dobäi soen, dass ech jo virdrun och a menger Interventioun déi Iddi vum Här Bausch begréisst hunn, ech och guer kee Problem hunn, dass an déi Iwwerleeungen, déi ech hei an där Motioun gemaach hunn, och nach aner Iwwerleeunge mat erakommen. Do hunn ech wéi gesot kee Problem. Mä wann awer elo hei verschidde Fraktiounen wënschen, dass mer dat solle fir d'ëischt an d'Finanzkommissioun ginn, kann ech och als Auteur vun der Motioun domadder liewen.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Ass d'Chamber domadder d'accord mat där Proposition?

Deen d'accord ass, deem ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Ech stelle fest, dass d'Chamber eenheitlech dofir ass, fir se un d'Finanzkommissioun ze iwwerweisen.

Dir Dammen an Dir Hären, da wier dee Punkt do ofgeschloss, a mer kéimen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4780 iwwert déi direkt Steieren an de Code des assurances sociales.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et sinn ageschriwwen bis elo: déi Häre Krecké, Graas, Henckes, Bausch a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

3. Projet de loi 4780 modifiant certaines dispositions en matière d'impôts directs et complétant le code des assurances sociales

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4780, dee